LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

# Deklaratioun iwwert d'Aussepolitik

presentéiert vum

Här Jean Asselborn
Aussen- an Europaminister

an der Chamber
den 13. Mäerz 2019

*Et zielt dat geschwatent Wuert*

## DEKLARATIOUN IWWERT D'AUSSEPOLITIK

Här President,
Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,

1. Et ass haut di dräizéngte Kéier, dass ech d'Éier hunn, virun der Chamber d'Deklaratioun zu der Aussepolitik vun der Lëtzebuerger Regierung ze maachen, fir d'Prinzipien, d'Ziler an d'Erausfuerderunge vun eiser Aussepolitik duer ze leeën, an och dës Kéier freeën ech mech iwwert d'Debatt mat Iech doriwwer.

2. Wann een di vireg Deklaratiounen noliest, da stellt een eng kloer Kontinuitéit fest, wat d'Prinzipien an d'Ziler vun eiser Diplomatie ubelaangt. Dat ass och richteg esou. D'Welt ass allerdéngs am permanente Wandel, a mir mussen eis ëmmer nees a Fro stellen, fir de neien Erausfuerderunge Meeschter ze ginn. Am Dezember d'lescht Joer hu mir de neie Koalitiounsaccord als Fundament vun dëser Regierung ugeholl.

3. Elo heescht et, mat frëschem Elan derwidder ze goen. Energie an Enthusiasmus gi gebraucht, haut méi wéi jee. Ech freeë mech op jidder Fall, meng Erfarung an di Erkenntnisser, di ech an deene leschte bal 15 Joer als Ausseminister gesammelt hunn, weider an den Déngscht vun eise Bierger, vun eisem Land an domadder och vun Europa stellen ze kënnen.

4. Et ass keng Zäit fir sech zeréckzeleeën an nom Motto "Business as usual" virzegoen. Mir sinn de Moment, fir et bildlech duerzestellen, an enger ganz schwéierer Biergetapp. De Wand ass rau a bléist engem riicht an d'Gesicht. Et reent ëmmer méi staark, an d'Strooss gëtt glëtscheg. Ideal Konditiounen deemno fir déi, déi sech als Vëlosfuerer wéi als Politiker net klengkréie loossen, déi net opginn, an déi all hir Kraaft an hir Motivatioun mobiliséieren, fir de Bierg ze packen an d'Zil ze erreechen.

5. Wat ass d'Zil vun der Lëtzebuerger Aussepolitik? Wat sinn eis Prinzipien an eis Wäerter?

6. D'Zil vun eiser Aussepolitik war an ass et, d'Interessie vum Land a vu senge Bierger ze verteidegen, dat heescht eis Souveränitéit, eis Onofhängegkeet, eis Fräiheet an eise Fridden ze garantéieren, d'Prosperitéit vun eisem Land ze férderen an d'Wuelbefanne vun eiser Gesellschaft ze verbesseren. Dat kléngt elo vläicht ze vill op eis selwer bezunn. Mee mir wëssen och, dass e Land wéi Lëtzebuerg net eleng seng Ziler erreechen kann, mee dass mir nëmmen am Kader vun engem staarken Europa an enger regelbaséierter Weltuerdnung kënne "bleiwe wat mir sinn" a gläichzäiteg eis weiderentwéckelen als e friddlecht, wirtschaftlech dynamescht a sozial gerecht Land. Dofir sinn d'universal Wäerter – Fräiheet, Mënscherechter an Dignitéit vum Mënsch, Demokratie, Rechtsstaat – net ze trenne vun eisen Interessien. An dofir wäerte mir ni midd ginn, eis weider anzesetze fir dës Wäerter héichzehalen, heiheem, an Europa an doriwwer eraus.

Dir Dammen an Dir Hären,

7. Dëst Joer wëll ech Europa, nach méi wéi soss, an de Virdergrond vu menger Deklaratioun stellen. De 26. Mee fannen d'Wahle fir d'Europaparlament statt. Dat gi richtungsweisend Wahlen. Et geet hei wierklech ëm d'Zukunft vun der Europäescher Unioun.

8. Ech wäert natierlech och iwwer Europa erauskucken. Sou wéi mir eis fir eng méi staark a solidaresch Europäesch Unioun asetzen, sou setze mir eis och a fir e méi staarke Multilateralismus a méi effikass international Institutiounen. Net well mir naiv Idealiste wieren. Mee well mir aus eiser Geschicht geléiert hunn, dass de blannen Nationalismus, d'Ofschwächung vun den internationalen Organisatiounen an de Mangel u Respekt fir d'Reegelen di am internationale Recht verankert sinn, fréier oder spéider Krich, Leed a Misär mat sech bréngen.

9. "Le nationalisme, c'est la guerre", sot bekanntlech de François Mitterrand am Januar 1995 virum Europaparlament zu Stroossbuerg. Dëse Saz huet am Joer 2019 méi Bedeitung wéi jee!

***

***Europa, Europäesch Unioun***

10. D'Europäesch Unioun ass am Ament net an der beschter Verfassung. Mir si mat enger ganzer Rei vun internen an externen Erausfuerderungen a Bedreeunge konfrontéiert fir déi mir eis nei opstelle mussen.

11. Vu bannen si mir konfrontéiert mat politesche Stréimungen déi de Leit einfach Léisunge fir komplex Problemer virgaukelen, déi Ligen erzielen iwwert wat d'EU ass a wat se net ass, déi mat den Ängschte vun de Leit spillen an eis gemeinsam Wäerter a Fro stellen, déi eng besser Zukunft verspriechen ausserhalb vun eiser Gemeinschaft an déi bis haut nach keng credibel Alternativ virgeluecht hunn wéi si déi Verspriechen déi si maachen da wëllen ëmsetzen.

12. Vu bausse gi mir konfrontéiert mat enger Afrostellung vum internationale multilaterale System, mat Acteuren, déi sech iwwert internationaalt Recht ewech-setzen an deenen eis demokratesch Wäerter egal sinn, mat enger aggressiver Handelspolitik a mat Desinformatiounscampagnen déi eis demokratesch Systemer vu banne solle schwächen.

13. Mir sollten net zouloossen dass d'Zukunft vun eisem gemeinsamen europäesche Projet liichtfankeg op d'Spill gesat gëtt. Dofir hu mir ze vill erreecht. Hei musse mir konsequent dogéinthalen!

14. Op där anerer Säit wier et onverantwortlech ze maache wéi wann alles an der Rei wier. D'Bierger hu ganz berechtegt Erwaardungen un hier national Regierungen an och un d'EU an si hunn e Recht drop dass déi eescht geholl ginn.

15. 2019 wäert d'Joer sinn an deem, fir déi éischte Kéier, e Memberstaat aus der EU austrëtt, wat zënter gëschter Owend inevitabel schéngt. De Brexit wäert onweigerlech e groussen Aschnëtt an der Geschicht vun der EU sinn, well e weist dass déi europäesch Integratioun keen Automatismus ass an dass et am europäesche Motor och e Réckgang gëtt.

16. D'Europawahle sinn an deem Sënn e wichtegen demokrateschen Ament op eisem Kontinent: de Bierger kritt d'Wuert fir ze bestëmme wou eis gemeinsam Rees soll higoen an et kann een nëmmen hoffen dass et eng héich Wahlbedeelegung gëtt.

17. Hei zu Lëtzebuerg huet d'Regierung no de Biergerforen déi d'lescht Joer organiséiert goufen, decidéiert, d'Debatt iwwert Europa nach z'intensivéieren, ënnert anerem mat Biergerconsultatiounen iwwert spezifesch Themen déi de Leit um Häerz leien.

18. De franséische Staatspresident Emmanuel Macron huet Recht wann hie seet, dass mir net dierfen d'Schlofwandler an engem vu Lethargie duerchwuessenen Europa sinn. Ech deele Villes vun de Vuë vum franséische President, mee ee Punkt, nämlech "remettre à plat l'espace Schengen", kann ech net gutt heeschen! Schengen ass mam Euro dee wichtegsten Acquis fir d'Bierger; een Acquis fir dee mir weltwäit beneit ginn. Dës Errongenschaft däerfe mir net torpedéieren.

19. Mir hunn den Ament eng Rei Memberstaaten, wou déi gemeinsam Wäerter déi am Artikel 2 vum Traité stinn, kloer a Fro gestallt ginn. Et geet ëm d'Roll vun der Justiz a Polen, ëm d'Grondfräiheeten an de Status vun der Zivilgesellschaft an Ungarn, et geet ëm Mesurë géint d'Korruptioun a Länner wéi Ungarn a Rumänien. Wat fir eng Roll soll Europa an der Welt spille wa mir mol net bei eis doheem eis Wäerter respektéieren a probéieren e Virbild ze sinn?

20. Mir sinn elo op e Punkt komm wou mir musse soen: Stopp, bis heihinner an net weider! Dëst hu mir versicht, zesumme mat enger ganzer Rei vun anere Memberstaaten, a Gespréicher deene concernéierte Länner kloer ze maachen a mir fänken och un ze gesinn dass et zum Beispill a Polen esou lues zu engem Ëmdenke kënnt. Ech wëll hei ganz kloer sinn: Lëtzebuerg wäert sech och weiderhi resolut fir de Respekt vun der Rechtsstaatlechkeet bannent der EU asetzen. Et ass dëst eis gemeinsamt Fundament un dat mir näischt dierfe komme loossen. Mir wäerten dofir och weiderhin d'Europäesch Kommissioun an hirer Roll am Kader vun der Artikel 7 Prozedur zum Schutz vun der Rechtsstaatlechkeet ënnerstëtzen.

21. Brexit, Populismus, Nationalismus, Afrostellung vun eise Wäerter, Manktem u Solidaritéit: wéi si mir op esou eng Bunn komm?

22. Do wiere fir d'alleréischt déi spéit Effekter vun der Wirtschafts- a Finanzkris déi 2008 ugefaangen huet, an och eng Rei vu negative Konsequenze vun der Globaliséierung. Wa mir eis Europa als Ganzt ukucken, ass fir mech kloer dass déi legitim Erwaardunge vun de Bierger, wat d'Erhale vun hirer Liewensqualitéit a vun hirer sozialer Ofsécherung ugeet, an der Vergaangenheet net ëmmer sou eescht geholl goufe wéi dat vläicht hätt missen de Fall sinn.

23. Mir mussen déi sozial Dimensioun vun Europa ausbauen an eis fir eng méi gerecht Verdeelung vum Räichtum an Europa asetzen. An deem Sënn wäert Lëtzebuerg sech op europäeschem Niveau asetze fir d'Aféierung vun engem Mindestloun, vun enger europäescher Arbechtslosenënnerstëtzung a vun engem Sockel vu soziale Mindestrechter. Lëtzebuerg wäert sech och fir d'Aféierung vun enger Garantie fir vun Aarmut bedreete Kanner a fir eeler Chômeuren asetzen, nom Virbild vun der europäescher Garantie fir Jugendbeschäftegung.

24. De Prinzip vum selwechte Loun fir déi selwecht Aarbecht soll d'Ausbeutung vun detachéierte Salariée verhënneren. Mat der Grënnung vun enger europäescher Aarbechtsautoritéit, déi mir voll ënnerstëtzen, wäerten d'Memberstaaten sech och déi néideg Mëttele gi fir grenziwwerschreidend Kontrollen ze organiséieren an hiren Informatiouns-Austausch ze verbesseren.

25. Wa mir et net fäerdeg bréngen en Europa ze schafe wat de Bierger och op sozialem Plang besser schützt, dann hunn déi déi Europa wëlle schueden, an där ginn et der leider eng Rei, natierlech en einfacht Spill, virun allem an deem si mat Desinformatioun a "fake news" virginn. Déi komme mëttlerweil net nëmmen aus den Déifte vum Internet mee souguer vu gewielte Regierunge bannent der EU, wéi eng rezent Schmier-Campagne vun der ungarescher Regierung gewisen huet. Mir sinn hei ganz kloer op engem neien Déifpunkt ukomm.

26. Mir mussen zouginn, dass mir déi Kraaft ënnerschat hunn, déi den Nationalismus an d'Friemefeindlechkeet nach ëmmer, oder leider nees, a villen europäesche Länner hunn. Et ass eng al Krankheet un där eise Kontinent am 20. Joerhonnert bal zu Gronn gaangen ass, an awer ass dee Virus vu "mir fir d'éischt, dann déi aner" a vum "Ausgrenze vun deem, deen anescht denkt, lieft, biet oder ausgesäit", nach ëmmer do. Mir hunn do en "Devoir de mémoire" dee mir eescht mussen huelen, fir d'Generatioune vun haut a vu muer. Loosst mech an dësem Kontext ernimmen dass Lëtzebuerg ab dësem Mount fir ee Joer d'Presidence vun der International Holocaust Remembrance Alliance (IHRA) iwwerholl huet, an déi mir eis mat voller Energie wäerten abréngen.

27. Demokratië si lues, Demokratië si komplex. Multilateral Zesummenaarbecht brauch Zäit. Eesäiteg, simplistesch Message komme méi séier un. D'Versuchung, fir esou Léisungen op nationalem Plang virzegaukelen, ass grouss, an dëst ouni Récksiicht op laangfristeg Interessien.

28. Wéi kenne mir den negativen Tendenzen an Europa entgéint trieden? Wat mécht Lëtzebuerg fir d'Interessie vu senge Bierger fir en oppent, gerecht, an effikasst Europa ze vertrieden?

29. Ee Wee fir enger grousser politescher Maschinn wéi der EU en neien Impuls ze ginn ass hire Finanzkader fir déi kommend Joren nei opzestellen, nom Prinzip : "gouverner, c'est prévoir".

30. Zu Bréissel si mir staark engagéiert an den Diskussiounen iwwert de Finanzkader fir d'Joren 2021-2027. Dëse Kader stellt d'Prioritéiten am EU Budget fir déi kommend Joren op, also fir déi 27 Memberstaaten nom Brexit. Zu Lëtzebuerg si mir der Meenung dass mir e modernen an ambitionéierte Budget brauchen, e Budget deen eis als EU d'Moyene gëtt fir eis gemeinsam politesch Ambitiounen ze erfëllen an d'Suen do auszegi wou eis Prioritéite leien.

31. An deem Sënn musse mir zum Beispill sécherstellen dass d'EU sech d'Moyene gëtt fir hier Ambitiounen a Beräicher wéi Innovatioun an Digitaliséierung, an am

Ëmweltberäich ëmzesetzen. Bei neie Prioritéiten, an engem grousse Memberstaat dee fortgeet, mussen sech natierlech all Memberstaaten dorobber astelle fir hieren Deel vum Budget matzedroen.

32. An trotzdeem musse mir dee Budget emol a Perspektiv setzen: et ass ausgerechent ginn dass d'EU all Lëtzebuerger pro Dag 1,56 Euro "kascht". Dat ass de sougenannte "coffee-index", well d'EU keen Europäer méi wéi eng Taass Kaffi pro Dag kascht. Wann een sech ukuckt wat een dofir alles kritt – e risege Bannemaart, eng gemeinsam Wärung, oppe Grenzen, ERASMUS, sécher Produkter, etc. – mengen ech dass dat keng esou eng schlecht Saach ass. Lëtzebuerg ass iwwregens dat Land dat am meeschte pro Kapp bezilt, mee ech muss Iech jo net ausrechnen dass, *summa summarum*, de Bilan fir eis méi wéi positiv ausfält.

33. Lëtzebuerg mécht sech och fir e sougenannte Rechtsstaatlechkeets-Mechanismus staark. Eng Justiz déi hier Aarbecht fräi an onofhängeg maache kann ass essentiell fir dass EU-Fongen, also Steiergelder vun de Bierger a vollem Vertraue kënnen ausbezuelt ginn. Sollt et an engem Memberstaat zu engem Versoe vum Rechtsstaat kommen, sou musse mir d'Méiglechkeet hunn, déi finanziell Interessie vun der EU ze schützen.

34. Iwwert de Finanzkader eraus si mir als Lëtzebuerg un engem staarke Bannemaart interesséiert, deen op der fräier Circulatioun vu Persounen, Wueren, Déngschtleeschtungen a Kapital fondéiert. Mee et ass an de leschte Jore leider net esou vill geschitt an deem Beräich wéi mir wollten. Mir brauchen elo e Bannemaart dee besser verbonnen ass mat anere Politikberäicher, an deen dem Prinzip vun der Nohaltegkeet an der Wirtschaft, Ëmwelt- a Sozialpolitik Rechnung dréit. Mir brauchen eng Transitioun hin zu engem Bannemaart deen am Digitale kompetitiv opgestallt ass, a sech op d'Innovatioun konzentréiert, fir virun allem de Start-ups an de klengen a mëttelstännege Betriber déi beschte Chancen ze bidden, bei eis doheem an dobaussen an der Welt. Am Beräich vun der kënschtlecher Intelligenz muss Europa sech sou opstellen, dass et engersäits vu Produktivitéitsgewënner profitéiert, mee anerersäits awer och de mënschleche Faktor an de Mëttelpunkt stellt an ethesch Aspekter mat reguléiert.

35. Am Kader vun der Realisatioun vum digitale Bannemaart gëtt och oft d'Thema Besteierung ugeschwat. Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, dass Lëtzebuerg fir eng gerecht Besteierung vun digitalen Aktivitéiten ass. Mir sti fir eng kohärent Approche, a fir fair a gläich Konditiounen. Dofir striewe mir eng Léisung um Niveau vun der OECD un, eng Léisung déi och aner grouss Industrienatioune mat abënnt. Dëst gesinn och ëmmer méi EU-Memberstaaten an.

36. Generell musse mir dofir suergen, dass d'Bierger an der EU och an Zukunft vun hirer Aarbecht liewe kënnen, an dass eis Betriber vun de beschtméiglech Konditiounen an engem effikassen an oppene Bannemaart profitéiere kënnen. Dat ass eppes wat mir der neier Kommissioun 2019 als Hausaufgab wëlle ginn. Dofir wäerte mir eis aktiv an d'Aarbechte fir den neie Strategeschen Agenda vun der EU fir 2019-2024 abréngen.

37. Loosst mech och nach kuerz op d'Debatt zu den Ofstëmmunge mat enger qualifizéierter Majoritéit agoen. Den Ament ass eng Debatt am gaangen iwwert d'Ofschafe vun der Eestëmmegkeet a verschiddenen Domäne wéi zum Beispill an der Aussepolitik oder an der Steierpolitik. D'Haaptargument an dësem Kontext ass d'Iddi, fir Blockagen opzeléisen, déi tëscht de Memberstaaten bestinn.

38. A Saachen Aussepolitik ënnerstëtzt d'Regierung dës Initiativ. Hei geet et drëm, Blockage vun eenzele Memberstaaten ze evitéieren, déi EU-Positiounen an internationale Gremien onméiglech maachen an d'EU domadder no bausse praktesch lämen. Et soll een sech awer keng Illusioune maachen, well d'Unanimitéit gebraucht gëtt fir zur qualifizéierter Majoritéit ze kommen. A Saache Fiskalitéit geet et ëm innepolitesch Froen an de Memberstaaten. Déi geschichtlech gewuesse Konzeptiounen a Prioritéiten a Sozial- a Steierfroen – huele mir e Land wéi eist, wat ëmmer, och aus soziale Grënn, méi Gewiicht op direkt Steiere wéi op indirekter geluecht huet – sinn net mat engem Fiederstréch iwwert ee Leescht ze zéien.

***Handelspolitik***

Dir Dammen an Dir Hären,

39. Déi europäesch Wirtschaft muss am Déngscht vum Bierger stoen. Wa mir no bannen e staarke Bannemaart brauchen deen eis sécher a kompetitiv Produkter gëtt an Aarbechtsplaze schaaft, da musse mir och kucken no baussen hin eng staark Handelspolitik ze hunn, fir eis Produkter an der Welt ze verkafen a fir sécher ze goen dass mir hei heem déi Importer kréien déi mir brauchen a wëllen.

40. D'Erhale vun engem op Reegele baséierende multilateralen Handelssystem ass also eng absolut Noutwendegkeet. Eis Wirtschaft, eis Industrie, eis kleng a mëttelgrouss Betriber, eis Servicer, profitéiere wéi kaum anerer net nëmme vun der Ouverture zum Bannemaart mee och vum Accès zu den internationale Mäert. Fir e Land wéi Lëtzebuerg, mat enger Wirtschaft déi eng vun den héchsten Aussenhandelsquoten op der Welt huet – dat ass d'Zomm vun den Exporter an Importer gemooss um Bruttoinlandprodukt – ass et also liewenswichteg fir e funktionéierende Welthandelssystem ze hunn.

41. Dofir setze mir eis weiderhi konsequent an, fir dass d'europäesch Wirtschaft oppen an investitiounsfrëndlech bleift, an et erméiglecht, Wuelstand an Aarbechtsplazen an engem sozial gerechten an ëmweltfrëndleche Kader ze schafen. Engersäits musse mir dofir suergen dass eis Firmen an hir Investitiounen am Ausland virun Diskriminatioune geschützt ginn. Anerersäits musse mir awer och d'Roll vun der europäescher Handelspolitik als Instrument fir d'Promotioun vun eise Wäerter stäerken. Dofir wäerte mir eis an Europa an och an den internationale Gremien asetzen.

42. Falls déi Normen dann och respektéiert sinn, soen ech et ganz däitlech: Handel schaaft Wuelstand, an Handel schaaft Fridden. Dat hunn ech och d'lescht Joer hei ënnerstrach. Zënterhier huet sech d'Situatioun awer leider net grondsätzlech verbessert. D'Welthandelsorganisatioun, d'WTO, riskéiert nämlech am Immobilismus ze verfale wann se net dréngend moderniséiert gëtt. Dofir huet

Lëtzebuerg, duerch d'EU, konkret Propositioune gemaach fir d'Transparenz an der WTO ze verbesseren, virun allem wat d'Notifikatioune vu Subsiden ubelaangt.

43. Ganz besonnesch besuergt muss een doriwwer sinn, dass mir nach ëmmer keng Léisung fonnt hunn fir nei Riichter ze ernennen, déi bei Handelskonflikter d'Roll vun engem neutralen Arbitter kenne spillen. Wann et esou weider geet, huet d'WTO-Geriicht vun Dezember un net méi genuch Riichter, fir seng Aufgaben ze erfëllen. Déi Situatioun musse mir verhënneren. Dem WTO-Geriicht säi Fonctionnement a seng Onparteilechkeet musse garantéiert sinn.

44. Leider musse mir och feststellen, dass de Protektionismus erëm *en vogue* ass. D'lescht Joer hunn mir jo misse mat grousser Verwonnerung erliewen, wéi d'USA Moossname géint den Import vun europäeschem Stol an Aluminium geholl hunn, ënnert dem Virwand, dass eis Produkter eng Gefor fir d'amerikanesch Sécherheet géifen duerstellen. Deemools hat ech ugekënnegt, dass d'Lëtzebuerger Regierung d'Géigemoossname vun der Kommissioun ënnerstëtze géif. Dat hunn mir dann och gemaach, a mir wäerten eis och fir weider Géigemesuren asetzen, falls an den nächste Wochen zousätzlech Taxen op den Import vun europäeschen Autoen an d'USA géifen decidéiert ginn. Nach hoffe mir, dass et net esou wäit kënnt, an dass den Arrangement deen am leschte Juli op héchstem Niveau ausgehandelt gouf bestoe bleift. Et mécht jo wierklech kee Sënn, dass esou enk Partner wéi Europa an Amerika sech en Handelskonflikt leeschten.

45. Europäer an Amerikaner hunn deemools festgehalen, dass se ënnert anerem géifen e limitéiert Tarifofkommen aushandelen, mam Zil fir Tariffer virun allem op Industrie- mee och op Fëschereisprodukter aus der Welt ze schafen. D'Industrien op béide Säite vum Atlantik géife vun esou enger Mesure profitéieren. Ech wëll och hei ënnersträichen, dass déi Lëtzebuerger Regierung kloergestallt huet, dass mir doriwwer eraus net zeréck op de Wee kenne goe vun engem TTIP, also engem ëmfangräiche Fräihandelsaccord mat Amerika. Dat ass ouni eng amerikanesch Ënnerstëtzung vum Paräisser Klima-Accord net méi denkbar.

46. Duerch d'klimatesch Verännerungen kommen enorm Erausfuerderungen op eis duer, ekonomescher, ekologescher an och politescher Natur. Mir mussen eis all bewosst sinn, dass et 5 vir 12 ass. Lëtzebuerg wäert sech op europäeschem Niveau nach verstäerkt fir de Klimaschutz asetzen. De Klimaschutz ass exemplaresch fir eis Verantwortung géigeniwwer den nächste Generatiounen. D'Jugend erwaart, dass sech eppes verännert. Dat weisen di Jonk eis däitlech, an zwar net eréischt zënter dem Mouvement, deen dat jonkt a couragéist Greta Thunberg lancéiert huet. Déi Beweegung steet fir eng déifgräifend gesellschaftspolitesch Verännerung queesch duerch all Generatiounen a Schichten, déi ee verstäerkten Engagement am Klimaberäich fuerdert.

***Brexit***

47. Zënter gëschter Owend kann ee raisonnablerweis – mee wat ass schonns raisonnabel beim Brexit – festhalen, dass d'Austrëttsofkomme vum November 2018 tëschent der EU an dem Vereenegte Kinnekräich net wäert duerch d'britescht Parlament goen. Et kann een sech am Ablack schwéier virstellen, dass do e puer Plooschteren d'Saach nach redresséiere kennen.

48. Mat enger klorer Majoritéit, 391 Stëmmen dogéint an 242 dofir, huet d'Parlament den Accord an déi zousätzlech Assurancë vu der EU ofgelehnt an d'Premierministesch Theresa May huet elo eigentlech de Lead an de Verhandlungen an d'Hänn vum Parlament geluecht. Haut stëmmt d'House of Commons iwwert den No Deal of. Ausser e puer dogmatesch Brexiteers, gëtt erwaart, dass eng grouss Majoritéit sech géint en ongereegelten Austrëtt wäert ausschwätzen. En Donneschdeg da stëmmt d'Parlament of iwwert eng méiglech zäitlech Verlängerung vun der Artikel 50 Period, iwwert den 29. Mäerz eraus. Och do gëtt eng Majoritéit vun de Stëmmen dofir erwaart.

49. D'EU huet bis dato, an och nach gëschter Owend, kloer gesot, dass se sech eng méiglech britesch Demande vun enger Verlängerung ukucke wäert, mee erwaart, dass dës gekoppelt wäert si mat enger seriöer Initiative, déi eis hei ka

weiderbréngen. An anere Wierder, d'Verlängerung kann net elo als Zil hunn, de Backstop nees vun ënnen no uewen opzerullen.

50. D'EU muss elo zu Bréissel an och an all den Haaptstied prett si fir en No Deal ze meeschteren. Speziell d'Rechter vun de Bierger musse geschützt ginn – 3,5 Milliounen EU-Bierger am Vereenegte Kinnekräich, dovunner ronn 2.000 Lëtzebuerger, a gutt 1 Millioun britesch Bierger an der EU, dovunner 6.000 hei zu Lëtzebuerg. Dat ass eng absolut Prioritéit.

51. De Ball läit zu London, a vläicht sollten déi zwou grouss Parteien am Parlament openeen zougoen an d'Propose vun engem méi liichte Brexit ustriewen, also mat engem Vereenegte Kinnekräich wat weiderhin an der Zollunioun bleift. Mee hei muss ee waarde wat an den nächsten Deeg geschitt.

52. D'Regierung bereet sech zënter Méint esouwuel op den Zeenario vun engem gereegelten Austrëtt fir, ewéi och op dee vun engem ongereegelten Austrëtt, dem sougenannten No Deal.

53. Fir de Fall vun engem No Deal huet d'Regierung decidéiert, dass déi Briten, déi den 29. Mäerz 2019 schonns hei liewen, nom Brexit weiderhi kënnen hei bleiwen, och wann si dee Moment hir Dokumenter als Drëttstaatler nach net hunn. Dëst soll fir eng Iwwergangsphase vun engem Joer gëllen, also bis den 30. Mäerz 2020, wärend där si dann Zäit kréien, nei Dokumenter unzefroen. Beim Ausstelle vun deenen neien Dokumenter géinge mir dann och sou flexibel wéi méiglech sinn. Eist Zil ass et, dass mir deene Briten, déi schonns hei sinn, net onnéideg schwéier administrativ Prozeduren opzwéngen.

54. Dës weidere goufen op nationalem Niveau och Gesetzesprojeten op den Instanzewee bruecht, déi di direkt Konsequenze vum Brexit sollen offiederen. Et geet hei zum Beispill ëm britesch Bierger déi beim Staat an an eise Gemengen agestallt sinn, ëm déi automatesch Unerkennung vu verschiddene professionellen Ausbildungen, an och drëms dass eis Finanzplaz den Auswierkunge vum Brexit

souwäit wéi méiglech standhale kann. Dës Texter solle mat Zäiten, den 30. Mäerz, a Kraaft trieden.

55. Mee d'Virbereedunge sinn net nëmme legislativer Natur : eng ganz Rei Administratiounen hunn och schonn intern Virbereedunge getraff fir sech op de Brexit ze preparéieren. An der Direktioun vun der Immigratioun sinn zousätzlech Leit agestallt ginn, fir d'Demande vun de britesche Bierger ze traitéieren. D'Douanesverwaltung huet hiert Personal op de Brexit virbereet an och hiren informatesche System Brexit-gerecht gemaach.

56. Fir déi betraffe Bierger a Betriber op d'Auswierkunge vum Brexit opmierksam ze maachen, an ze erkläre wéi eng administrativ Schrëtt fir si néideg sinn, hu mir och e gréisseren Informatiounseffort ënnerholl. Mir schaffen och mat der Chambre de Commerce zesumme fir de Betriber zur Säit ze stoen a fir si no Méiglechkeet an hire Virbereedungen ze guidéieren.

57. De Message hei ass kloer: Lëtzebuerg wäert versichen déi negativ Konsequenze fir d'Bierger an d'Betriber esou kleng wéi méiglech ze halen.

58. Op europäeschem Niveau goufen d'Preparativen op en No Deal Zeenario och verstäerkt. Sou huet d'Kommissioun an deene leschte Wochen 19 legislativ Moossname presentéiert déi si am Fall vun engem No Deal wäert huelen. Mir schwätzen hei vun unilaterale Mesuren, déi zäitlech begrenzt sinn an déi negativ Auswierkunge vun engem No Deal offiedere sollen.

59. Mee loosst mech hei ofschléissend nach eppes kloer soen : och wann d'Europäesch Unioun an Zukunft zu 27 funktionéiere wäert, bleift d'Vereenegt Kinnekräich en enke Partner fir Lëtzebuerg. Dës Erwaardung gëtt op béide Säite vum Äermelkanal gedeelt.

60. Onst d'Zil ass et, e Maximum u Kontinuitéit fir déi aktuell bilateral Bezéiungen tëscht Lëtzebuerg an dem Vereenegte Kinnekräich ze garantéieren. Déi iwwert Joerzéngte gewuesse Bezéiungen tëschent der Londoner City an

eiser Finanzplaz wäerten och an Zukunft eng wichteg Roll spillen. Doriwwer eraus dierf de Brexit awer kee Virwand sinn, fir sech géigesäiteg a Froe vun der Sozial-, Ëmwelt- oder Steierpolitik ze ënnerbidden.

***Relatioune mat eisen Nopeschlänner***

61. Vun dësem manner erfreelechen Thema kommen ech bei déi Partner, déi eis geographesch a wirtschaftlech am nooste stinn. Déi Prinzipie fir déi Lëtzebuerg um Niveau vun der EU plädéiert, setze mir och direkt mat eisen Nopeschlänner op d'Agenda. Lëtzebuerg steet am Zentrum vun der Groussregioun, enger Regioun déi ëmmer besser vernetzt a mobil ass. Op dëse wirtschaftleche Motor, deen een net méi op en nationale Plang reduzéiere kann, musse mir eis konzentréieren an eis grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschlänner a Regioune verdéiwen.

62. Och kucke mir fir Synergien tëscht der Groussregioun engersäits an der Benelux-Unioun anerersäits auszebauen. D'Relatioune mat eisen dräi Nopeschlänner sinn natierlech esou enk dass ee scho bal net méi vun Aussepolitik schwätze kann – scho bal éischter vun europäescher Regionalpolitik!

63. Op der däitscher Säit hu mir eng enk Zesummenaarbecht esouwuel mam Saarland a mat Rheinland-Pfalz, wéi och mat Nordrhein-Westfalen, dat 2019 als Benelux-Joer proklaméiert huet.

64. D'Zesummenaarbecht mat eise belschen Nopere fënnt traditionell statt am Kader vun der Union économique belgo-luxembourgeoise, der UEBL, wou mir ënnert anerem iwwer Investitiounsaccorde mat Drëttlänner schwätzen. Mee och déi direkt Relatioune mat de Regiounen a Gemeinschaften, virop Wallounien an déi däitschsproocheg Gemeinschaft, sinn intensivéiert ginn.

65. Op der franséischer Säit kann ee soen, dass d'Staatsvisitt vum leschte Mäerz eis zwee Länner nach méi no zesumme bruecht huet an et Lëtzebuerg erlaabt huet, en anert Bild vu sech ze vermëttelen. Dëst war net vu Muttwëll well esou munch een

am Hexagon nawell e relativ gelungent Bild vu Lëtzebuerg huet, wéi mir nach rezent an engem Debat an der Assemblée nationale gesinn hunn.

66. Well mir eis den Erausfuerderunge bewosst sinn, déi déi grouss Unzuel un Frontalieren a franséische Gemengen an der Lorraine mat sech bréngt, huet Lëtzebuerg sech dozou engagéiert, konkret Infrastrukturprojeten, déi de Bierger op béide Säite vun der Grenz den Alldag erliichteren, ze kofinanzéieren.

67. Mir gesinn och eng nei Dynamik tëscht zwee vun eisen Nopeschlänner, nämlech Frankräich an Däitschland. Den 22. Januar 2019 hunn se zu Oochen en neie Vertrag ënnerschriwwen, deen den Élysée-Vertrag vun 1963 ergänzt. Ech hoffen, dass den neien Oochener Vertrag och en Opschwong a Richtung vun engem méi onofhängegen an handlungsfäegen Europa bedeit. Dobäi ass et awer wichteg, dass Frankräich an Däitschland net eleng den Toun an Europa uginn, mee dass si d'Roll vun engem inklusive Katalysator spillen, deen déi aner EU-Länner dozou inspiréiert, sech och méi z'engagéieren a méi zesummen ze schaffe fir e staarkt Europa. Den Oochener Vertrag fërdert och di grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht, zum Beispill am Beräich Mobilitéit. Mir verfollegen dësen Usaz mat groussem Interessi, well esou Reegelungen oder Projeten och als Beispill fir aner Grenzregioune kënnen déngen.

68. An deem Sënn hu mir och op Lëtzebuerger Säit, am Koalitiounsaccord vun 2018, en neit a spezifescht Instrument geschaaft, den Interministerielle Koordinatiouns-comité fir di grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht. Direkt am Dezember hu mir e Réseau mat Vertrieder aus deenen eenzele Ministèren opgebaut. Zil ass et, duerch Austausch a Koordinatioun eng méi kohärent Approche auszeschaffen, déi mir an de Relatioune mat eisen Nopeschlänner nach méi systematesch verfollege kënnen.

69. No zwee Joer Lëtzebuerger Presidence vum Sommet vun der Groussregioun huet den 30. Januar d'Saarland d'Presidence iwwerholl. Ech profitéieren hei fir der Madame Minister Cahen fir hiren Engagement Merci ze soen, a fir déi gutt Zesummenaarbecht tëschent eisen Equipe.

***Benelux***

70. Natierlech wëll ech ee vun den traditiounsräichste vun eise Kooperatiounsforen och net vergiessen: de Benelux. Lëtzebuerg huet jo den 1. Januar fir ee Joer d'Presidence vum Ministerrot vum Benelux iwwerholl. Och d'Assemblée Interparlementaire Benelux huet elo fir zwee Joer ee Lëtzebuerger Virsëtz an ech freeë mech op e gudden Dialog mam President Gusty Graas.

71. Am Kader vun der Presidence vum Ministerrot vun der Benelux-Unioun huet Lëtzebuerg sech dräi grouss Prioritéite gesat, déi ech de 5. Februar beim Lancement vun eiser Presidence virgestallt hunn:

   1) D'Verdéiwung vum Benelux-Bannemaart: firwat ginn et zum Beispill ëmmer nach territorial Aschränkungen am Benelux wat d'Beliwweren am Commerce ugeet?
   2) D'Energie-Transitioun an de Kampf géint de Klimawandel: wéi kënne mir eis Engagementer vum Paräisser Klima-Accord gemeinsam ëmsetzen?
   3) D'Promotioun vun der Digitaliséierung: wéi kënne mir dräi Länner eis digital Infrastruktur grenziwwergräifend am Interêt vun de Bierger nach verbesseren?

72. D'Zesummenaarbecht mat de Benelux-Länner bleift e wichtege Vecteur vun eiser aussepolitescher Aktioun, sief et op grenziwwerschreidende Projeten oder op europäeschem an internationalem Niveau. D'Roll vun der Presidence besteet och doranner ze kucken, a wéi enge Beräicher mir gemeinsam Interessien hunn fir da mat gemeinsame Stellungnamen der Stëmm vun eisen dräi Länner méi Gehéier ze verschafen.

***Nei Allianzen***

73. Mir wëllen awer och – iwwert déi traditionell enk Relatioune mat eisen Nopeschlänner eraus – eis Partnerschafte mat Länner verdéiwen, déi eis vläicht

geographesch manner no sinn, mee déi awer eis Virstellung vun engem oppenen a kompetitiven a sozialen Europa deelen. D'Dynamik am EU Conseil dierft sech mam Brexit änneren: d'Stëmm vun de grousse Memberstaaten wäert wahrscheinlech méi an d'Gewiicht falen. Doduerch wäerten nei Dynamiken entstoen an déi kléng a mëttelgrouss Memberstaaten musse kucke wéi si hir Virschléi a Positioune besser abrénge kënnen.

74. An dësem Kader wäert Lëtzebuerg weider dru schaffe fir seng Zesummenaarbecht mat den nordeschen a baltesche Staaten auszebauen. Dëst si Länner mat deene mir besonnesch an der europäescher Sozialpolitik, der Weiderentwécklung vum digitale Bannemaart an der Handelspolitik dacks op enger Linn sinn. Mir sichen och weiderhin den Dialog mat anere Memberstaaten, sief et aus dem Süde vun Europa oder aus dem Visegrád-Grupp.

***Siège***

75. Mat enger an d'Zukunft orientéierter an dynamescher Siège-Politik wäert d'Lëtzebuerger Regierung och weiderhin doru schaffen, fir d'Präsenz vun den europäeschen an internationalen Institutiounen, déi hire Sëtz hei zu Lëtzebuerg hunn, ze konsolidéieren a weider z'entwéckelen.

76. Eng zentral Piste, wéi mir dëst Zil erreeche kënnen, ass d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg nach weider ze verbesseren. Mir kënnen houfreg dorop sinn, dass eng ronn 13.000 EU-Fonctionnairen an Agenten an den europäeschen Institutiounen an Agencen zu Lëtzebuerg schaffen a mir valoriséieren de wichtege sozialen, kulturellen a wirtschaftleche Bäitrag, deen net nëmmen dës Fonctionnairen an Agenten, mee och hir Familljen, zur Lëtzebuerger Gesellschaft leeschten.

77. Zesumme mat der Europäescher Kommissioun wäerte mir och weider dorunner schaffen, fir den Accord Asselborn-Georgieva vun Dezember 2015 ëmzesetzen. D'Ëmsetze vun dësem Accord ass eng vun eise Prioritéiten, well e virgesäit, dass

d'Europäesch Kommissioun hir Präsenz zu Lëtzebuerg am digitalen, finanziellen a juristesche Beräich ausbaut.

78. A punkto Realisatioun vu Bauprojete wäerte mir och weiderhin enk mat den Institutiounen an Agencen zesummeschaffen. Ee Projet, dee gutt viru komm ass an dee mir 2019 schonn aweie kënnen, ass den drëtten Tuerm vum Europäesche Geriichtshaff. Een anere grousse Projet, deen elo un d'Rulle komm ass, ass de Jean Monnet 2, dat neit Gebai vun der Europäescher Kommissioun. Nodeems mir am Juni 2018 den éischte Spuedestéch vum Jean Monnet 2 gemaach hunn, ass den Zäitplang och hei bis elo agehale ginn. D'Gebai soll Enn Februar 2024 fäerdeg sinn.

79. Donieft wäert d'Lëtzebuerger Regierung am Joer 2019 weiderhin aktiv dorunner schaffen, fir nei Institutiounen an Agencen an optimale Konditiounen hei am Grand-Duché empfänken ze kënnen. Et ass eist Zil, dass dës nei Institutiounen an Agencen esou séier wéi méiglech operationell sinn an hir jeeweileg Missioune beschtméiglech erfëlle kënnen.

80. Den europäesche Parquet ass eng vun den neien Agencen, déi hire Sëtz zu Lëtzebuerg kritt. D'Virbereedunge verlafe bis elo wéi virgesinn a mir beméien eis, fir den Zäitplang anzehalen. Zesumme mat engem neie Geriicht, der *Juridiction unifiée vum Brevet,* vun där d'Cour d'appel hire Sëtz zu Lëtzebuerg kritt an déi hoffentlech am Laf vun dësem Joer ufänke kann, dréit den europäesche Parquet zur Entwécklung vu Lëtzebuerg als internationale Kompetenzzenter am Justizberäich bäi.

81. Wat den digitale Beräich ubelaangt, sou ass 2018 decidéiert ginn, dass de Sëtz vun der entreprise commune EuroHPC op Lëtzebuerg kënnt. Dësen ambitiéise Projet, deen dëst Joer mat senger Aarbecht ufänke wäert, huet vill Potential, well en déi digital Kapassitéite vu 26 europäesche Länner zesummebréngt an erméiglecht, eng Zort Supercomputer ze schafen. Als Siège leescht Lëtzebuerg säi Bäitrag zu dësem Projet, deen d'Recherche an d'Innovatioun an Europa ënnerstëtzt.

***EU Erweiderung***

82. D’Europäesch Union verhandelt am Moment mat Serbien a Montenegro. Am Juni beim EU Ministerrot hei zu Lëtzebuerg hoffe mir dass genuch Progrès virläit fir och d’Verhandlunge mat Albanien a Nordmazedonien lancéieren ze kënnen.

83. Dës Decisioun hänkt, ënnert anerem, vun de Lännerévaluatiounen of, déi d’Kommissioun am Fréijoer veräffentlecht. Et ass wichteg ze ënnersträichen, dass d’Evaluatioun vun all Land op Basis vun den Efforten gemaach gëtt, déi dee jeeweilege Bäitrëttskandidat geleescht huet. De Respekt vun de Bäitrëttskonditiounen, virun allem de sougenannte Critère vu Kopenhagen iwwert eis gemeinsam Wäerter, ass a bleift hei di héchste Prioritéit.

84. Dass et Liichtblécker an der héich komplexer Balkan-Regioun gëtt, beweist Nordmazedonien. Ech war am September d’lescht Joer do op Besuch a konnt mech vun der positiver Opbrochstëmmung iwwerzeegen, déi en Marge vum Referendum iwwert d’Ännerung vum Numm vum Land ze spiere war. Schlussendlech hunn sech d’Mazedonier fir den neien Numm Nordmazedonien ausgeschwat an hiert Land domat engem EU- an NATO-Bäitrëtt méi no bruet. Zesumme mat Griicheland huet Nordmazedonien gewisen, dass et méiglech ass Konflikter friddlech an diplomatesch ze léisen. Dëst ass en extrem wichtegt Signal fir eng Regioun, déi leider nach ëmmer vun interne Konflikter a Tensioune geplot ass. A mir wäerten eis asetzen dofir dass dëse wichtege Schrëtt, no der NATO, och op EU Niveau honoréiert gëtt.

85. Ech géif mir wënschen, dass dëst eng ganz besonnesch Signalwierkung op Serbien a Kosovo huet. De Fait dass de Kosovo säit enger Zäit Douane-Taxen op Produiten aus Serbien a Bosnien-Herzegowina imposéiert, dréit net zu enger konstruktiver Léisung bäi a mir hunn de kosovareschen Autoritéiten dat och kloer gemaach. Et kann een di politesch Responsabel, souwuel a Serbien, wéi och am Kosovo, dofir net oft genuch dozou ermonteren sech zesummen un en Dësch ze setzen an am Dialog no engem Kompromëss ze sichen iwwert d’Normaliséierung vun hire Relatiounen, fir eng laangfristeg Léisung fir di nach bestoend Problemer ze fannen.

86. Reformen a gutt Relatioune mat den Noperen si fir d'Balkanstaaten absolut noutwendeg fir d'Liewenskonditioune vun hire Leit ze verbesseren an de Jonken an der Regioun Perspektiven ze bidden. Dofir huet Lëtzebuerg iwwert déi lescht Joren och eng Rei technesch Ennerstëtzungsprogrammer mat ronn 2,6 Milliounen Euro finanzéiert, fir Formatiounen am Beräich vun der EU-Integratioun fir national Verwaltungen an Albanien, Bosnien-Herzegowina, Montenegro, Nordmazedonien, Serbien, wéi och am Kosovo, waat och vun eiser Kooperatiounshëllef beneficiéiert. Mir wäerten och weiderhin eise konkrete Bäitrag an där Regioun leeschte fir déi Länner ze stabiliséieren a méi no un d'EU erunzeféieren. Dat ass an eisem eegenen Interessi. Wa mir deene Länner net zur Säit stinn, da maachen anerer dat, an dat ass kaum zu eisem Virdeel.

87. Ech wëll awer och op dëser Plaz eemol méi betounen, dass de Rhythmus mat deem sech d'Länner vum Balkan un d'EU erubeweegen dovunner ofhänkt, wéi effikass déi verschidde Regierungen déi néideg Reformen ëmsetzen. Déi Aarbecht ka keen anere fir si maachen. Dozou gehéieren virun allem Reformen am Beräich vun der Rechtsstaatlechkeet, de Kampf géint d'Korruptioun an de Schutz vu Pressefräiheet a vun den demokratesche Grondrechter. Et ass net nëmmen d'EU, déi dat seet, mee och a virun allem d'Bierger an der Regioun selwer, wéi een dat och un Hand vun de Manifestatiounen an enger Rei vu Länner gesäit. D'Grënn fir dës Protester si vu Land zu Land verschidden, mee se hunn awer eppes gemeinsam: d'Onzefriddenheet vun de Leit wéinst nach ëmmer zum Deel onduerchsichtegen Muechtstrukturen. Dëst weist op e Neits wéi wichteg et ass, dass mir dës Länner an hiren europäeschen Integratiounsefforten ënnerstëtzen an dobäi hëllefen demokratesch Standarden ëmzesetzen.

88. Wat d'Tierkei ugeet, sinn d'Bäitrëttsverhandlungen, wéi dir wësst, säit enger Zäit zum Stoe komm. Zënter dem gescheiterte Putschversuch am Juli 2016 huet d'Tierkei eng Rei Moossname geholl, déi nëmme schwéier an Aklang ze bréngen si mat de Kopenhagener Critèren. Ufank dëst Joers war ech am Kader vun enger offizieller Visitt zu Ankara an hunn do all mengen Interlocuteuren, dorënner och dem tierkeschen Ausseminister, meng Bedenken a Suerge gesot iwwert

d'Mënscherechtslag an d'Situatioun vum Rechtsstaat an der Tierkei. Och wann dëst Land ënnert dem Putschversuch an den Terrorattacken an de leschte Jore vill gelidden huet, däerf dat keng Rechtfäerdegung si fir Journalisten, Akademiker, Oppositiounspolitiker a Riichter muttwëlleg, ouni e faire Prozess anzespären.

89. D'Tierkei ass a bleift e wichtege strategesche Partner fir Lëtzebuerg an d'EU, a mir wëllen alles dru setze fir d'Kommunikatiounskanäl mat Ankara oprecht ze erhalen, well et ass nëmmen am Dialog wou mir gemeinsam Léisunge fannen. Mir mussen an all eise Gespréicher mat den tierkeschen Autoritéiten ënnersträichen, dass Mënscherechter an de Rechtsstaat net verhandelbar sinn. Dëst gëllt virun allem am Kader vun de Bäitrëttsverhandlungen, déi eréischt dann erëm kënnen opgeholl ginn, wann d'Tierkei all d'Konditiounen nees voll respektéiert.

90. Den 31. Mäerz si Kommunal-Wahlen an der Tierkei. Dat ass eng Geleeënheet fir di tierkesch Autoritéiten ze weisen, dass fräi, demokratesch Wahlen an d'Akzeptanz vun de Resultater den A an den O an engem Rechtsstaat sinn.

***EU Noperschaft***

91. D'Noperschaft vun der EU steet dëst Joer ënnert dem Zeeche vum 10. Anniversaire vun der Ëstlecher Partnerschaft, och wann een sech vläicht opgrond vun der zum Deel ganz schwiereger Situatioun froe kann op et wierklech vill ze feiere gëtt.

92. De Konflikt an der Ost-Ukrain ass weider gaangen an huet sech esouguer de 25. November 2018 ob d'Schwaarzt Mier ausgeweit, wou Russland no beim Detroit vu Kertsch ukrainesch Schëffer ugegraff huet a 24 Membere vun der ukrainescher Marinn gefaange geholl gi sinn.

93. Trotz den Efforte vu mengen däitschen a franséische Kollegen am Normandie-Format, déi ech voll a ganz ënnerstëtzen, war et leider net méiglech, d'Ëmsetzung vun de Minsker Accorde weider ze dreiwen. Wéinst de Presidentschaftswahlen Enn dëses Mounts an de Wahle fir d'Parlament am Oktober an der Ukrain, wäerte weider Fortschrëtter och schwiereg sinn.

94. Wat déi aner Länner vun der Ëstlecher Partnerschaft vun der EU ugeet, ass e Liichtbléck an Armenien gewiescht, wou no der “Samette Revolutioun” e neit Kapitel opgeschloe ginn ass.

95. Russland ass a bleift e schwierege Partner. Mee Russland ass de gréissten Noper vun der EU am Osten a kann net ignoréiert ginn, op sécherheetspoliteschem Plang, op wirtschaftlechem Plang an um Plang vun der Energie-Zoufuert. Als Europäer plaidéieren ech dofir dass mir – ouni naiv ze sinn – Weeër musse fannen, fir nieft de Sanktiounen, di mat der illegaler Annektéierung vun der Krim an der Destabiliséierung vun der Ukrain zesummenhänken, och e richtegen an oppenen Dialog mat Russland ze féieren. Et ass besser, mir schwätzen eis Differenzen an eis Gemeinsamkeete kloer un. Total Funkstille wier fahrlässeg am jëtzegen internationale Kontext.

96. Méi wäit ëstlech gekuckt ass d’Situatioun an Zentralasien, wou ech d’lescht Woch op Visitt war, am gaangen sech zum besseren z’entwéckelen. D’Länner vun der Regioun kooperéiere vill méi mateneen an d’EU wäert mat hirer neier Strategie fir Zentralasien dozou bäidroen, dass déi “Nei Seidestrooss” méi demokratesch an inklusiv wäert sinn.

***Migratioun***

Dir Dammen an Dir Hären,

97. An der Migratiouns-Fro ass Europa leider nach ëmmer gespléckt. Et bleift eng konstant Zerräissprouf fir d’EU. Nom Trauerspill vun der mangelnder EU-Positioun zum Globale Migratiounspakt vun der UNO dierf een sech och keng Wonner méi virun den Europawahlen erwaarden. Dat Dramatescht un der Saach ass, dass d’EU weder fit genuch ass fir eng nei Refugiéskris ze meeschteren, nach déi aktuell Situatioun zefriddestellend geréiert.

98. Et stëmmt, dass d'Zuele vun den DPI, den Demandeurs de protection internationale an Europa ëm 90% zeréck gaange sinn. D'Haaptuersach ass zimlech einfach ze verstoen. Europa ass ëmmer méi eng Festung ginn an deene leschten zwee Joer.

99. Kloer ass, dass d'Grenze vu Schengen mussen iwwerwaacht sinn, dass ee wësse muss – wéi dat an all aner Land vun der Welt och de Fall ass – ween era kënnt oder komme soll. Et ass op där anerer Säit awer net richteg, dass d'EU, am Partenariat mat Afrika virun allem, hiert Engagement bis dato net agehal huet fir der legaler Migratioun eng Chance ze ginn. Dest op der Basis vu Quoten, déi vireran fixéiert si fir all EU-Land. Dat wiere keng Millioune Leit, och keng Honnertdausenden am Joer, mee zum Beispill 50.000 déi géifen eng Chance kréien, sech an engem Raum mat 500 Milliounen Awunner ze integréieren. Dat wieren 0,01%.

100. Ouni esou eng oder eng ähnlech Approche an e klore Respekt vun de Rechter ënnert der Genfer Flüchtlingskonventioun kritt d'EU weder eng richteg Partnerschaft op d'Been, nach fënnt si en Accord fir Retoure vu Leit, déi de Statut vum Refugié net kënne kréien.

101. Laut Frontex sinn, am Joer 2018, 150.114 Mouvementer op de Baussegrenze vun der EU konstatéiert ginn – am Verglach mat 204.750 am Joer 2017. Dëst Joer gesi mir en erhéichte Migratiounsdrock am westleche Mëttelmier. Zanter Ufank dës Joers si schonn eng 4.000 Leit a Spuenien ukomm, wat eng Hausse vun 174% ass am Verglach zum selwechten Zäitraum d'lescht Joer. Och d'tragescht Stierwen am Mëttelmier geet weider: mir zielen dëst Joer schonn iwwert 200 Doudeger, an dat onofhängeg dovun, op d'Schëffer vun den ONGen immobiliséiert sinn oder net.

102. An deem Kontext ass et wierklech decourageant, dass mir an der EU eng Presidence vum Conseil am zweeten Semester 2018 haten, déi steif a fest behaapt huet, déi Migratioun iwwert d'Mier géif net méi existéieren.

103. Den Drock op eis Asylsystemer ass nach ëmmer grouss, och wann den Trend liicht no ënne weist. Laut dem European Asylum Support Office (EASO) gouf et am Joer 2018 an der EU 634.700 Demanden op Asyl, dat sinn 10% manner wéi 2017. An

2017 waren et der nach 44% manner wéi 2016. Och den Taux de Reconnaissance geet erof: dësen ass am leschte Joer vu 40% op 34% erofgaangen. Et ginn och do nei Tendenzen: et gi méi Demandë vun Iraner, Tierken a Leit aus Visa-befreite Länner. D'Demandë vu Syrer sinn ëm 25% zeréckgaangen. Lëtzebuerg steet op der 4. Plaz wann een d'Demandë pro Awunnerzuel kuckt, dat hannert Zypern, Griicheland a Malta.

104. D'Deklaratioun tëscht der EU an der Tierkei an di 6 Milliarden Euro EU-Hëllef hu ville Refugiéen op der Plaz gehollef hir Liewenskonditiounen ze verbesseren. Zanter dem 4. Abrëll 2016 sinn 19.609 Syrer aus der Tierkei reinstalléiert ginn. Gläichzäiteg gouf et just 1.825 Retoure vu Griicheland a Richtung Tierkei ënnert dëser Deklaratioun. Nach ëmmer befannen sech eng 15.000 Persounen an den *Hotspots* op de griicheschen Inselen, wou si deelweis an dramatesche Konditioune liewen.

105. Och d'Situatioun a Libyen ass alles anescht wéi zefriddestellend. Et geet net duer d'libesch Garde-côtes ze forméieren an hinne Schëffer zur Verfügung ze stellen. Mir mussen och e Monitoring maache vun Aktioune vun de Garde-côtes a punkto Respekt vun de Mënscherechter. Hei ass jo d'EU Operatioun Sophia am Asaz. D'UNO Flüchtlingshëllef, d'International Organisatioun fir Migratioun an d'EU mussen allerdéngs och Strukturen op der Plaz schafen déi et erlaben de Leit déi gerett goufen hir Gesondheet a mënschlech Dignitéit ze garantéieren.

106. Wat ass de Wee deen eis weiderbréngt? Wëlle mir e Schengen-Raum dee funktionéiert, da brauche mir erëm géigesäitegt Vertrauen an Europa. Do wou d'Migranten an Europa areesen, mussen d'Schengen-Reegelen agehale ginn. Fir dass den Drock op d'Antrëttslänner net ze grouss gëtt, brauche mir legal Areesméiglechkeeten, e solidaresche Verdeelungsmechanismus fir de Krisefall, an eng Retour-Politik, déi digne ass. Dat war alles an de Reformprojete vun der Europäescher Kommissioun virgesinn. Leider wäerte mir Reformen ewéi d'Direktiv Retour oder d'"Carte bleue européenne" an dëser europäescher Legislatur net méi duerch kréien. Just bei der Verbesserung vum Grenzschutz gesinn ech nach eng Chance.

107. D'Asylreformen, mat der esou wichteger Dublin-Reform, komme leider net virun. Momentan fillen déi meescht concernéiert Memberstaaten sech diskriminéiert, an d'Grupp vun deene Länner déi aneren hir Solidaritéit verweigeren, ass ënnert éisträichescher Presidence méi staark ginn. E puer solidaresch Memberstaaten – an ech hoffe wierklech dass et der méi wéi 10 ginn – versichen, e Verdeelungsmechanismus op d'Been ze kréie fir Leit, déi gerett gi sinn. Et kann net sinn, dass all Kéier wann e puer Dose Leit mat engem Schëff an Europa ukommen, de Public eng nei Migratiounskris virgegaukelt kritt.

108. No den Europawale mussen déi nei EU Kommissioun, d'Europaparlament, an de Conseil sech onbedéngt iwwerleeë, wéi een dëse Stëllstand brieche kann.

***

Dir Dammen an Dir Hären,

109. Ech wëll elo iwwer den europäesche Kontinent eraus kucken an doropper agoen, wéi Lëtzebuerg sech asetzt, mat enger multidimensionaler Approche, der Approche vun den "3D" – Diplomatie, Developpement, an Defense – an och mat enger multilateraler Approche, fir konkret ze hëllefen, Fridden, Sécherheet a Wuelstand do opzebauen, wou bis elo den Alldag vu Konflikter an Aarmut gepräägt war.

110. Ech hu virdrun eis Approche zu der Noperschaft vun Europa beschriwwen. Eise gréisste Noper, an enorm wichtege Noper ass di aner Säit vum Mëttelmier, an dat ass Afrika: "l'Afrique immortelle", "monde nouveau qui sera demain", wéi de Léopold Sédar Senghor sot.

***Afrika***

111. Afrika ass en dynamesche Kontinent, mat villen Opportunitéiten, mee och groussen Defien, déi en direkten Impakt op Europa hunn. D'Fro vun der Migratioun ass nëmmen ee Beispill vu ville wat weist, dass d'Schicksal vun Europa an d'Schicksal vun Afrika enk matenee verstréckt sinn. Fridden, wirtschaftleche Wuesstem,

Mënscherechter, Demokratie an de Kampf géint Korruptioun an Europa an Afrika, sinn am Interessi vun onsen zwee Kontinenter a mussen och weiderhin am Mëttelpunkt vun onsem Partenariat mat Afrika bleiwen.

112. Lëtzebuerg bleift mat Europa engagéiert fir zesumme mat der Afrikanescher Unioun Léisunge fir d'Problemer op den zwee Kontinenter ze sichen. Am Januar, um gemeinsamen Ausseministertreffen tëschent Afrika an Europa, si mir eis eens ginn, fir eis zesummen anzesetze fir besser Perspektive fir déi Jonk ze schafen, an dëst an de Beräicher Fridden a Sécherheet, ekonomesch Kooperatioun, Migratioun a Multilateralismus.

113. Beispiller wéi déi rezent Wahlen an der Demokratescher Republik Kongo weisen, dass nach vill a punkto Qualitéit vun der Demokratie a Gouvernance ze maachen ass, och wann dëst déi éischt friddlech Transitioun zu Kinshasa säit der Onofhängegkeet vum Land war. Afrika brauch keng staark Cheffen, mee staark an demokratesch Institutiounen, grad wéi Europa iwwregens och.

114. Rezent politesch Entwécklungen, wéi de Friddensvertrag tëschent Eritrea an Ethiopien no méi wéi 20 Joer kalem Krich maachen Hoffnung, dass nei Fënsteren an Afrika opginn. An deem Kontext sinn ech Mëtt Februar an Ethiopien an Eritrea gereest, fir mir e konkret Bild vun der Situatioun um Terrain ze maachen. Haut sinn d'Grenzen tëschent den zwee Länner nees op, an tëschent Addis Abeba an Asmara ginn et deeglech Flich. Vill Hoffnung ass heimat verbonnen, dass Ethiopien, Djibouti, Somalien an Eritrea als Länner vun der Corne de l'Afrique sech concertéieren an zesumme schaffen.

115. Meng Gespréicher mat der Presidentin a mam Ausseminister vun Ethiopien konnte mir déi ambitiéis an oppen Visioun vum Premier Abiy Ahmed confirméieren, deen duerch säi Reconciliatiounsprozess mat Eritrea weltwäit vill Unerkennung kritt huet. Dem ethiopesche Premier seng Visioun vun enger regionaler Integratioun kann een och nëmme begréissen.

116. Ech war och am Norde vun Ethiopien, an de Refugiés-Campen, no bei der Grenz vun Eritrea. Et konnt een zwou Saache feststellen. Éischtens, den Afflux vu Leit aus Eritrea di Asyl froen ass ganz grouss, si kommen och elo iwwert d'Grenz ouni dass op se geschoss gëtt. Zweetens, op ethiopescher Säit sinn déi lokal Autoritéiten zesumme mat der UNO Flüchtlingshëllef, dem UNHCR ganz staark engagéiert fir de ville Kanner aus Eritrea, déi eleng eriwwer kommen, séier en Halt ze ginn. Ech war staark impressionnéiert vun esou vill Solidaritéit, trotz de ganz wéinege Moyenen, déi dësem Land zur Verfügung stinn.

117. Et wär awer ze vill optimistesch ze gleewen, dass mat der Reconciliatioun elo schlagaarteg all d'Grënn verschwannen, firwat esou vill Mënschen aus Eritrea fortlafen. De Service national, dee militärescher wei och ziviller Natur ass, zwéngt jonk Leit weiderhin op mannst 18 Méint, mee ganz dacks zäitlech illimitéiert, dem Staat zur Verfügung ze stoen. Kombinéiert mat drastesche Prisongsstrofe fir sougenannte « Verréider » déi ganz oft ouni Uerteel an ouni Rechtsbeistand agespaart ginn, sinn dëst flagrant Mënscherechtsviolatiounen. Genee wéi Libyen rejetéiert Eritrea och den UNHCR, dee beschëllegt gëtt, d'Migratioun ze stimuléieren.

118. Trotzdeem wier et falsch de Kontakt mat Eritrea net ze sichen an z'intensivéieren. Am Gespréich mam Ausseminister vun Eritrea hunn ech kloer gemaach, dass hir Erwaardung fir finanziell Hëllef an Investissementer aus der EU ze kréien, fir Aarbechtsplazen ze schafen, och implizéiert, dass a Saache Rechtsstaat ee fundamentale Wiessel komme muss. Dat eent geet net ouni dat anert. Dës éischt bilateral Visitt vun engem Ausseminister aus der Europäescher Unioun no der Reconciliatioun vu béide Länner däerf net di eenzeg bleiwen. Och an der Hoffnung, dass déi politesch Ouverture an Ethiopien sech op Eritrea auswierkt, fir dass nieft dem Fridden och Mënscherechter Prioritéit kréien.

119. Lëtzebuerg bleift weiderhin engagéiert an huet seng traditionell gutt Bezéiunge mat ville Länner um afrikanesche Kontinent an de leschte Joren kontinuéierlech verstäerkt an diversifizéiert. Dir wësst dass eis Kooperatioun iwwer laang Joren enk Kontakter mat enger Rei afrikanesche Länner opgebaut huet. Am Sahel zemools hu

mir eis Representatiounen eropgestuuft mat der Präsenz vun engem Ambassadeur-résident am Senegal, co-accreditéiert am Mali, am Burkina Faso an am Niger. Zesumme mat eisen Ambassaden um Cabo Verde an an Ethiopien, wou och de Setz vun der Afrikanescher Unioun ass, hu mir eis d'Mëttele ginn, fir laangfristeg kënnen eis Partnerschaft weider z'entwéckelen.

120. Eise laangjäregen Engagement a Westafrika, a besonnesch am Sahel, weist, dass Lëtzebuerg e Partner ass, op dee Verlooss ass, och wann d'Sécherheetslag den Asaz vun eise Mataarbechter net méi einfach mécht. Déi aktuell Destabiliséierung am Sahel, déi sech vum Mali aus am Burkina Faso an am Niger verbreet, an de Fait, dass terroristesch Gruppéierungen ëmmer méi staark ginn, ass eng Kris déi een net dierf ënnerschätzen. Si beréiert eis, well si eng Menace ass fir eis Partnerlänner, mat deene mir eng laangjäreg Solidaritéit opgebaut hunn.

121. Zesumme mat der UNO, der EU an aneren internationale Partner ënnerstëtzt Lëtzebuerg de G5 Sahel, a mir wenden do eis bewäerten Approche vun de "3D" un, wou d'Mëttel vun der Diplomatie, vum Developpement a vun der Defense komplementar agesat ginn. Eleng d'lescht Joer hu mir en Effort vu ronn 100 Milliounen Euro fir de Sahel geleescht, haaptsächlech am Beräich Kooperatioun, wou ronn 200 Leit ënnert Lëtzebuerger Mandat schaffen. Mir sinn och aktiv am Kader vun der Europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik. Mir bedeelegen eis konkret un der EU Trainings-Missioun am Mali a reegelméisseg un den zivillen EUCAP Missiounen am Mali an am Niger. Mir machen och mat bei der MINUSMA, der UNO-Missioun am Mali.

***Afghanistan, Pakistan, Indien***

122. Déiselwecht "3D" Approche wende mir och am Afghanistan un. D'lescht Woch war ech an deem Land, wou no 18 Joer Krich d'Situatioun ganz schwiereg bleift. Et ginn nach enorm Erausfuerderungen, déi an den nächste Jore musse bewältegt ginn. Mir ënnerstëtzen d'Gespréicher tëschent den Amerikaner an den Taliban. Mee wéi d'Autoritéiten zu Kabul ënnerstrach hunn, mussen d'Gespréicher tëschent den Afghanen a mat den Afghane gefouert ginn, fir de Fridden ze sécheren.

123. De President Ashraf Ghani huet och ganz kloer betount, dass d'rechtsstaatlech Prinzipien net a Fro gestalt däerfe ginn, genau sou wéi d'Mënscherechter, a besonnesch d'Rechter vun de Fraen a vun de Kanner.

124. Lëtzebuerg wäert bis 2020 ronn 100 Milliounen Euro an den Afghanistan investéiert hunn, fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Hëllef, mee och am sécherheetspolitesche Beräich. Bis haut waren am ganzen 325 Lëtzebuerger Zaldoten am Afghanistan engagéiert. D'Lëtzebuerger Arméi bedeelegt sech un der "Resolute Support" Missioun vun der NATO, déi di afghanesch Forcen ausbilt a beréit, fir dass si à terme selwer fir d'Sécherheet vun hirem Land kënne suergen. Ech hu wärend menger Visitt och onsen Ënneroffizéier an onsen Zaldot begéint, déi momentan am Norden, zu Mazar-i-Sharif stationéiert sinn. Am Numm vun der Regierung a vun alle Lëtzebuerger hunn ech hinnen, stellvertriedend fir all Lëtzebuerger Zaldoten, Merci gesot fir hire Courage an Engagement, a fir hiren Asaz fir d'Stabilitéit an d'Sécherheet am Afghanistan.

125. Am Pakistan war et dann déi éischt Visitt vun engem Lëtzebuerger Ausseminister. Ech hunn zu Islamabad mam Ausseminister a mam neie Premierminister Imran Khan iwwert d'regional Stabilitéit geschwat, souwuel iwwert den Afghanistan, wéi och déi rezent Spannungen ëm de Kaschmir. Ech hunn am Numm vun der Europäescher Unioun de Pakistan encouragéiert, den Dialog mat Indien ze sichen, an di Schrëtt begréisst, di de Premierminister Khan ënnerholl huet, notamment de Retour vum indesche Pilot, deen erofgeschoss gouf, fir eng Deseskalatioun vun den Tensiounen ze bewierken.

126. De pakistanesche Premier huet och ganz kloer ënnerstrach, dass de Pakistan a Fridde mat Indien zesummeliewe wëllt. Soulaang et keng dauerhaft Léisung fir de Kaschmir gëtt, wäerten allerdéngs do Tensioune bleiwen. Dat ass besonnesch geféierlech, well déi zwee Länner Atomwaffen hunn. Kee wëll ee Krich tëschent Indien a Pakistan.

### *Iran*

127. Zënter menger leschter Ried sinn déi amerikanesch Drohungen, unilateral aus dem nuklearen Accord mam Iran erauszetrieden, leider Realitéit ginn. Mir bedaueren dës Entscheedung, well den Accord e wichtegt Element fir d'Non-Prolifération an der Regioun ass.

128. Den Accord ass am Interessi vun Europa a senger Sécherheet. Mir si geographesch vill méi no um Iran wéi d'Vereenegt Staaten, a wieren domat méi direkt vun enger Menace betraff. Och dowéinst musse mir eis fir den Accord asetzen.

129. Den Iran setzt den Accord bis elo ëm, *à la lettre*. Dat huet d'AIEA elo scho fir di véierzéngte Kéier bestätegt. Mee de Fait, dass den Iran sech un den nuklearen Accord hält, dierf eis awer net vergiessen doen, dass aner Beräicher vun der iranescher Politik ganz problematesch sinn. Ech denken un dem Iran säi ballistesche Rakéiteprogramm, u seng regional Politik, virun allem a Syrien an am Jemen, an un d'Plange vun Terror-Attacken op europäeschem Buedem.

130. Lëtzebuerg plaidéiert dofir fir eng breet europäesch Politik vis-à-vis vum Iran, déi och d'Mënscherechtsfro ëmfaasst. Dës Politik kombinéiert Dialog mat Entschlossenheet wann se gefuerdert ass. Am Januar huet d'EU dofir och nei Sanktioune géint den iranesche Sécherheetsapparat decidéiert, virun allem géint déi Acteuren déi Attentater an Europa geplangt haten.

131. Mir deelen d'Bedenke vun den USA, wann et ëm déi problematesch Aspekter vun der iranescher Politik geet. Déi Aspekter sinn awer net Deel vum nuklearen Accord an däerfen dofir och net als Virwand benotzt ginn, fir den JCPOA ze zerschloen. Dat ass a kengem sengem Interessi.

### *Jemen*

132. E Land, dat net ëmmer déi Opmierksamkeet kritt déi et verdéngt, mee wou d'Situatioun katastrophal ass, ass de Jemen. Iwwert 24 Millioune Leit, also

dräi Véierel vun der Bevëlkerung, sinn op humanitär Hëllef ugewisen. Fraen a Kanner si vun der humanitärer Kris besonnesch betraff.

133. Leschten Dezember gouf et en diplomateschen Hoffnungsschimmer wéi déi verschidde Konfliktparteien zu Stockholm en Accord fonnt hunn. Mee deen Accord ass äusserst fragil, an déi international Gemeinschaft muss sech weiderhin dofir asetzen, fir dass en och ëmgesat gëtt. Virun allem den Accès an den Hafe vun Hodeïda, duerch deen iwwert 85% vun der humanitärer Hëllef transitéiert, muss garantéiert ginn.

134. Lëtzebuerg engagéiert sech op dräi Manéieren:

135. Fir d'éischt duerch humanitär Hëllef. De 26. Februar hunn ech zu Genève annoncéiert, dass Lëtzebuerg weider solidaresch ass an dëst Joer op mannst 1,75 Milliounen Euro zu Verfügung stellt, fir d'Leide vun der Zivilbevëlkerung ze erliichteren.

136. Zweetens ënnerstëtze mir déi hollännesch Initiativ fir d'Krichsverbriechen am Jemen opzedecken, an der Hoffnung, dass dat och eng ofschreckend Wierkung huet. Leschte September huet de Mënscherechtsrot d'Mandat vum sougenannte "Groupe d'experts éminents" ëm ee Joer verlängert. Lëtzebuerg huet sech mat dofir agesat. Mir ruffen och dozou op, d'Rechter vu Minoritéiten wéi de Baha'i ze garantéieren. Grad ewéi am Iran sinn d'Baha'i och am Jemen d'Affer vu Gewalt an Ënnerdréckung. Et ka kee Gronn ginn am 21. Joerhonnert, dass Leit wéinst hirer Relioun agespaart, gefoltert oder esouguer ëmbruecht ginn.

137. Lëtzebuerg ënnerstëtzt ausserdeem d'Mediatioun vun der UNO, an d'Efforte vum Martin Griffiths, fir d'Konfliktparteien am Jemen zu enger politescher Léisung ze leeden. Nëmmen esou kann och déi humanitär Kris dauerhaft geléist ginn.

***Syrien***

138. A Syrien ginn d’Grausamkeete weider. Wou mir d’lescht Joer nach véier sougenannt “Deseskalatiouns-Zonen” haten, gëtt et elo just nach eng, am Norde vum Land, ronderëm Idlib. Do wunnen op enkstem Raum 3 Millioune Leit. Och wann Terroristen do operéieren, sinn di allermeeschte Leit Zivilisten, di zum Deel aus aneren Zonen dohi geflücht sinn. Eng Offensiv op Idlib muss onbedéngt verhënnert ginn.

139. De Fait dass de Regimm d’Oppositioun am Blutt erstéckt huet, an a Syrien domat nees eng gewësse Rou agekéiert ass, wann een dat dann esou kann nennen, léisst Stëmmen opkomme fir d’Relatioune mat Syrien erëm ze normaliséieren. Dozou ass d’Lëtzebuerger Positioun, genee wéi déi vun der EU kloer: ouni grondleeënd politesch Reformen an ouni Transitioun wäerte mir eis Relatioune mat Syrien net normaliséieren.

140. A Syrien ass nach ëmmer déi nämmlecht Diktatur um Pouvoir, déi zënter 2011 op déi brutaalst Manéier hir eege Bevëlkerung bekämpft huet. Dofir si mir och ganz kloer der Meenung, dass d’Bedingunge fir e Retour vun de Refugiéen net do sinn.

141. Nëmmen eng politesch Transitioun op der Basis vun der Sécherheetsrotsresolutioun 2254 kann nohaltege Fridden a Stabilitéit a Syrien bréngen. Mir ënnerstëtzen dem neien Envoyé spécial vum UNO-Generalsekretär fir Syrien, dem Geir Pedersen seng Efforten an deem Sënn voll a ganz. Nëmmen esou kënne mir och d’Menace vun Daech aus der Welt schafen.

142. D’kurdesch Forcen, ënnerstëtzt vun den Amerikaner, sinn am gaangen, d’Duerf Baghus, di lescht Bastioun vun Daech, anzehuelen. Och wann Daech d’Kontroll iwwer Territoiren a Syrien an am Irak verluer huet, virun allem dank de kurdesche Kämpfer, sinn d’Wuerzele vum Problem, déi zur Radikaliséierung vun Deeler vun der Bevëlkerung gefouert hunn, nach ëmmer present. Et gëtt och nach weiderhin Daech-Zellen, déi an Zukunft riskéieren, verstäerkt op Attentater zeréckzegräifen, souwuel a Syrien wei am Irak, fir dës Länner ze destabiliséieren.

143. D’EU ass de gréissten Donateur vun humanitärer Hëllef fir Syrien a fir d’Regioun ronderëm: d’Tierkei, de Libanon, den Irak, Jordanien an Egypten hunn ronn fënnef an eng hallef Millioune Syrer opgeholl, an et ass wichteg, dass mir och dës Länner ënnerstëtzen. Dëser Deeg fënnt zu Bréissel déi drëtt vun der EU organiséiert international Konferenz statt, fir politesch an humanitär Hëllef fir Syrien ze mobiliséieren. Och wann d’EU am Syrien-Konflikt gréisstendeels e “Payer” a kee “Player” ass, musse mir déi Mëttel, déi mir hunn, weiderhi geziilt a strategesch asetzen.

144. Lëtzebuerg dréit säin Deel bäi. Eis Hëllef fir d’Syrer beleeft sech op 7,5 Milliounen Euro pro Joer. Et ass mat Ofstand de gréissten humanitären Engagement vu Lëtzebuerg, an e bleift bis op mannst d’nächst Joer op deem Niveau. Mee nach eng Kéier, eis Positioun ass kloer: keng Normaliséierung a keng Hëllef fir den Opbau ouni politesche Prozess!

***Irak***

145. Am Irak huet de laangen a schwierege Wee vun der Reconciliatioun ugefaangen. D’Parlamentswahle vum 12. Mee si gutt iwwert d’Bühn gaangen, an d’Parlament huet den 2. Oktober de Kurd Barham Salih als neie President gewielt. D’Regierung ass nach net vollstänneg forméiert, mee d’Hoffnung ass do, dass den Erëmopbau an Zesummenaarbecht mat der internationaler Gemeinschaft virukënnt, an dass den Irak domat dauerhaft stabiliséiert gëtt.

***Israel a Palestina***

146. D’international Gemeinschaft ass och gefuerdert beim israelesch-palestinensesche Konflikt. Dee war d’lescht Joer weiderhi vun unilateralem Handelen a Mëssuechte vu multilaterale Reegele gepräägt. Déi israelesch Siidlungspolitik geet ongebremst virun, obwuel d’Resolutioun 2334 vum Sécherheetsrot ganz kloer en totalen an direkte Stopp vun der Kolonialisatioun an de besate Gebidder fuerdert.

147. Nodeems d'Vereenegt Staaten Jerusalem als Haaptstad vun Israel unerkannt hunn, ass de 14. Mee 2018 déi nei amerikanesch Ambassade zu Jerusalem opgaangen. Di unilateral Decisioun brécht mam internationale Konsens a verstéisst géint eng ganz Rei vun UNO-Resolutiounen. Se erschwéiert d'Ëmsetzung vun der Zwee-Staate-Léisung, wou Jerusalem d'Haaptstad vun Israel a vu Palestina soll sinn.

148. Am Zesummenhang mat der Ëffnung vun der Ambassade ware Protester am Gaza, déi schonn Enn Mäerz ugefaangen haten. Deen Dag sinn 61 Demonstranten am Gazasträif gestuerwen, well israelesch Zaldote mat schaarfer Munitioun op se geschoss hunn. Fir géint dës inakzeptabel an disproportionéiert Uwendung vu Gewalt ze protestéieren hunn ech di israelesch Ambassadrice de 16. Mee bei mech convoquéiert.

149. D'Gaza-Blockade dauert méi wéi 10 Joer. Si muss endlech opgehuewe ginn fir d'Liewenskonditiounen op der Plaz fundamental ze verbesseren. Eng Reconciliatioun ënner Palestinenser an e Retour a Gaza vun der Palestinensescher Autoritéit géifen och hëllefen.

150. Jo, et gëtt Gewalt a Gaza. Leschte Summer war en neie Krich tëschent dem Hamas an Israel e puer Mol bal batter Realitéit ginn. Mee Gaza muss ee gesinn hunn, fir ze verstoen, wéi et ass, wann een zwou Millioune Leit zesummepercht op enkstem Raum, ee Siwentel vum Lëtzebuerger Territoire. Ech widderhuelen et: Gaza ass dem 21. Joerhonnert onwierdeg.

151. Dass di international Zesummenaarbecht eppes am Noen Oste bewierke kann, gesi mir um Beispill vun der UNO-Agence UNRWA, déi de palestinensesche Refugiée zur Säit steet. 2017 nach huet déi amerikanesch Contributioun engem Drëttel vun de Finanzementer vun der UNRWA entsprach. D'lescht Joer awer hunn d'Vereenegt Staaten hire Bäitrag komplett gestrach. Duerch déi drastesch Decisioun hat d'UNRWA op eemol en Defizit vu 446 Milliounen Dollar, an d'Iwwerliewe vun der Agence stoung um Spill.

152. D’international Gemeinschaft huet sech du mobiliséiert an d’lescht Joer 425 Milliounen Dollar méi gesammelt. Dësen Effort muss dëst Joer weider goen, fir dass d’Aktivitéite vun der UNRWA, haaptsächlech an de Beräicher Erzéiung a Gesondheet, kënne weiderlafen. Se si wichteg fir d’Stabilitéit vu Gaza a vun der ganzer Regioun. Et ass a kengem sengem Interessi, wann op eemol iwwert 260.000 Kanner a Gaza net méi kéinten an d’Schoul goen.

153. Lëtzebuerg engagéiert sech scho laang fir d’UNRWA. Dëst Joer ënnerschreift eis Kooperatioun en neie pluriannuellen Accord, dee vun 2019 bis 2021 eng jäerlech Contributioun vu 4 Milliounen Euro un d’UNRWA virgesäit an esou zu der Finanzéierungssécherheet vun der Agence bäidréit. Wann een eenzel Projeten dobäi rechent, déi Lëtzebuerg ënnerstëtzt, da komme mir op eng Erhéijung vun eiser Contributioun vun iwwert 10 Prozent.

154. Zënter der Jerusalem-Decisioun kënnen d’Vereenegt Staaten net méi als neutrale Vermëttler gesi ginn. Se hunn awer Wëlles, no de Wahlen an Israel vum 9. Abrëll en neie Friddensplang ze presentéieren. Iwwert dee Plang ass offiziell nach näischt gewosst.

155. Et ass natierlech kloer, dass eng Léisung net kann ouni Amerika fonnt ginn. Lëtzebuerg wäert sech, zesumme mat sengen europäesche Partner dofir asetzen, dass e Friddensplang d’Zwee-Staate-Léisung voll ënnerstëtzt, am Aklang mat den international unerkannte Parameteren.

156. Mir setzen eis weiderhi fir eng gemeinsam a kohärent EU-Positioun an. Leider muss ee feststellen, dass mir Europäer eis an dëser Fro ëmmer manner eens sinn, wat eis als EU zu enger “lame duck” mécht.

***Venezuela***

157. De Venezuela ass säit enger Rei Joren an enger graver politescher, ekonomescher an humanitärer Kris. D’Regierung ënnert dem Nicolás Maduro, déi an de Legislativwahlen Enn 2015 staark Verloschter hat, an doduerch an der Assemblée

nationale an der Minoritéit ass, versicht zënterhier hier Muecht ze consolidéieren, sief et duerch d'Kontroll vum pouvoir judiciaire, oder duerch d'Kreatioun vun der sougenannter Assemblée constituante, déi d'Pouvoire vum legitimme Parlament, der Assemblée nationale, gréisstendeels accaparéiert huet.

158. Déi virgezunne Presidentschaftswahlen déi den 20. Mee d'lescht Joer stattfonnt hunn, waren net fräi an net fair. Si ware markéiert vun der Exklusioun an der Fragmentatioun vun der Oppositioun am Virfeld, vum Stëmmekafen, an nach villem méi. D'Ausseministere vun der EU waren sech den 28. Mee d'lescht Joer eens fir ze soen: mir kënnen d'Wahlresultat net acceptéieren, mir fuerderen Neiwahlen.

159. Opgrond vun deenen Entwécklunge war et kloer dass mir Europäer de President vum legitimme venezuelanesche Parlament, de Juan Guaidó, a senger Demarche sollten ënnerstëtzen, e Prozess fir fräi, fair an demokratesch Neiwahlen an d'Weeër ze leeden, wéi dat an der venezuelanescher Verfassung virgesinn ass.

160. Loosst mech betounen, dass d'Solutioun am Venezuela nëmmen eng friddlech a politesch ka sinn. Lëtzebuerg ënnerstëtzt an deem Kontext d'Aarbecht vun der internationaler Kontaktgrupp, déi d'EU Ufank Februar lancéiert huet, mam Zweck déi néideg Garantien ze schafe fir de Prozess vun Neiwahlen ze ënnerstëtzen, an d'Verdeele vun humanitärer Hëllef no den humanitäre Prinzipien.

161. Mir däerfen nämlech eppes net aus den Aen verléieren, an dat sinn déi grouss humanitär Erausfuerderungen an deem Land, déi och e schwéieren Impakt op d'Stabilitéit vun de Länner aus der Regioun hunn. Méi wéi 3 Millioune venezuelanesch Flüchtlinge goufe bis Enn November d'lescht Joer vun der UNO enregistréiert. Lëtzebuerg ënnerstëtzt scho säit enger Zäit d'Aarbecht vum UNHCR fir de venezuelanesche Flüchtlingen ze hëllefen, a bedeelegt sech och un engem Projet vun ONU Femmes an der brasilianescher Grenzregioun. Mir wäerten och weiderhin an dësem Domän engagéiert bleiwen.

***Nicaragua***

162. D'Situatioun am Nicaragua, wou eis Kooperatioun säit Ufank vun den 90er Jore präsent ass, bleift extrem gespaant. Bal e Joer nom Ausbroch vun de Protester an de Repressiounen am Abrëll 2018, déi op mannst 325 Doudeger gefuerdert hunn, ass d'Sécherheetssituatioun zwar elo méi roueg, mee d'Mënscherechtsverletzunge gi weider, notamment ënnert der Form vun arbiträren Detentiounen a repressive Mesurë géint d'Zivilgesellschaft an d'Medien.

163. Eis Partnerschaft mam Nicaragua huet sech ëmmer op d'Hëllef fir d'nicaraguanesch Bevëlkerung konzentréiert, am Respekt vun de Mënscherechter a vun den demokratesche Wäerter. Dowéinst hu mir d'lescht Joer zesumme mam Kooperatiounsminister d'Decisioun geholl, appropriéiert Mesuren ze huelen an eis Fonge ganz der Zivilgesellschaft an den Aktivitéite vun internationalen a regionale Mënscherechtsorganisatiounen am Nicaragua ze widmen. Lëtzebuerg huet sech zesumme mat der EU a klore Wierder zur Situatioun am Land ausgedréckt, an ënnerstëtzt weider den nationalen Dialog, deen Enn Februar nees ugelaf ass, als eenzege Wee aus der haiteger Kris.

***Amerika***

164. Méi wéi zwee Joer nom Ufank vu sengem Mandat huet dem jëtzegen amerikanesche President séng Doktrinn vun "America First" kloer Spueren hannerlooss, a Saache Klimaschutz, international Sécherheet, Fridden am Noen Osten, Nordkorea oder Welthandel.

165. D'transatlantesch Relatioun steet dowéinst virun neien Erausfuerderungen. D'USA bleiwen awer en onverzichtbaren Uspriechpartner. Als Europäer musse mir op de Wäert vun ale Bündnisser a Partnerschafte pochen, an eise gemeinsame Wäerter trei bleiwen. Gläichzäiteg sollte mir awer och weider kucke wéi mir eis gemeinsam strategesch Interessie besser verdeedege kënnen. Den Zesummenhalt vun der Unioun ass och hei essentiell.

***INF Traité***

166. Wéi Dir wësst hunn d'USA den 2. Februar offiziell Russland hiren Austrëtt aus dem Accord iwwer déi nuklear Mëttelstreckerakéiten, dem sougenannten INF Traité, notifiéiert. Zanter Joren, och ënnert dem President Obama, hunn d'USA versicht, Russland dozou ze brénge fir Kloerheet ze schafen, wat dee mobille Rakéitesystem 9M729 ugeet, leider ouni Erfolleg.

167. Mir als Europäer sinn direkt vum Enn vum INF Traité betraff, well eis kollektiv Sécherheet um Spill steet. Dofir musse mir elo, an deene knapp fënnef Méint déi eis nach bleiwe bis den Accord ganz ausser Kraaft ass, alles doru setzen, fir Russland an d'USA zum Dialog ze beweegen. Wat zu Zäite vum kale Krich méiglech war, dat muss och haut méiglech sinn! D'Responsabilitéit läit bei Russland. Moskau muss nees noweisbar den Traité respektéieren.

168. Idealerweis missten esou Traitée fir d'Ofrëschtung net gekënnegt mee verstäerkt ginn, andeems och aner Länner mat abezu ginn, notamment China.

169. D'Enn vum INF Traité ass e Symptom vun enger allgemenger Kris vum globale System vun der Ofrëschtung a vun der Rüstungskontroll. Vill vun den Traitéen aus der Zäit nom kale Krich funktionéieren haut net méi. Dobäi kënnt, dass 2021 och nach de New START-Traité iwwer déi strategesch Waffesystemer tëscht den USA a Russland ofleeft. Ech wëll ob dëser Plaz nach eng Kéier drop hiweisen dass den New START verantwortlech ass fir d'Zerstéierung vun iwwert 1.200 nukleare Sprengsätz ob der russescher, wéi op der amerikanescher Säit. Falls dësen Traité net ka verlängert ginn, befënnt d'Welt sech erëm an där ganz beonrouegender Situatioun, dass déi zwou grouss Nuklearmuechten net méi duerch bilateral Traitéë limitéiert sinn.

170. Op Initiativ vun eisen däitschen Noperen, setzt och Lëtzebuerg sech dowéinst fir eng nei Dynamik vun der Rüstungskontroll an Europa an. Mir brauchen eng nei Approche déi di modern Technologien abegräift, a vun all den internationalen Acteure matgedroe gëtt. En Accord am Domän vun der Rüstungskontroll ass

ëmmer begleet duerch streng Verificatiounsmesuren. Sou Mesurë garantéieren Transparenz. De Fait dass sech d'Länner géigesäiteg dierfe kontrolléieren, ass en éischte Schrëtt fir nees Vertrauen ze schafen. A mir brauchen dringend Vertrauen an den internationale Bezéiungen.

171. Wärend dem kale Krich huet d'Rüstungskontroll substanziell zur Entspanung vun den internationale Bezéiunge bäigedroen. Leider ass dësen Acquis iwwer déi lescht Joren deelweis verluere gaangen. Mir mussen aus der Vergaangenheet léieren, an nees ob dësen Acquis opbauen. Nëmmen esou kënne mir et fäerdeg bréngen, de Fridden an d'Sécherheet an Europa fir déi nächst Joerzéngten ze garantéieren.

***Sécherheet***

172. D'NATO spillt eng zentral Roll fir eis Sécherheet. Lëtzebuerg dréit säin Deel zur kollektiver Verdeedegung bäi. Mir hunn aktiv bei der Réckversécherung matgemaach, notamment mam Stationement vun engem Lëtzebuerger Kontingent a Litauen, a mir wäerten dat och weider maachen.

173. An der EU gëtt weider un enger méi enker Kooperatioun an der Defense geschafft. Dëst ass néideg, fir eis Investissementer, eis Recherche an eis Capacitéiten als Europäer méi koordinéiert an effikass virun ze dreiwen.

174. Am Sënn och vun eiser "3D"-Approche bedeelege mir eis un zivillen a militäresche Missioune vun der NATO, vun der EU a vun der UNO, och mat Capacitéite fir Satellitten-Kommunikatioun. Lëtzebuerg péckt mat un a gëtt vu senge Partner als fiabelen a responsabelen Acteur ugesinn. Als rezent Beispill hu mir am Kader vun enger trilateraler Kooperatioun mat Portugal a Cabo Verde eis Zesummenaarbecht och op de Beräich vun der Defense ausgedeent.

175. Am Juli zejoert ass dat neit Gesetz iwwert d'Exportkontroll a Kraaft getrueden, wouduerch den Ausseministère ganz enk mam Wirtschaftsministère zesummeschafft. Zesumme kontrolléiere mir, dass keng sougenannten "dual use" Gidder oder Militärgidder, vu Lëtzebuerg aus, a falsch Hänn geroden, an dass mir

eis international Obligatiounen anhalen, di mir notamment am Kader vum Arms Trade Treaty op eis geholl hunn. Mir huelen eis Responsabilitéit eescht, esouwuel am Kontext vun der internationaler Sécherheet, ewéi och vis-à-vis vun eise Lëtzebuerger Entreprisen.

***

***Wirtschaftsdiplomatie***

Dir Dammen an Dir Hären,

176. Eis Europapolitik, eis Politik vis-à-vis vun eisen Nopeschlänner a Regiounen, an eis Aussepolitik insgesamt, stinn am Déngscht vun eise Bierger a vun eisen Entreprisen. An et ass kloer, dass eis Aussepolitik och en Instrument ass fir d'Promotioun vun eiser Wirtschaft an der ganzer Welt. 83% vun eisem Bruttoinlandprodukt ginn op international Aktivitéiten zeréck. Ech brauch d'Oppenheet an d'Dynamik vun eiser Wirtschaft net weider ze beschreiwen. Mir hunn et bis elo dacks fäerdeg bruecht, eis als *first mover* an enger Rei vu Beräicher ze positionéieren, an eis fir d'Zukunft opzestellen, sief dat am Beräich vun der Stolindustrie, de Satellitten, den Investmentfongen oder der digitaler Revolutioun.

177. D'Virdeeler vun eiser Wirtschaft leien op der Hand, an et ass un eis, dat an der Welt bekannt ze maachen. Duerch seng Wirtschaftsdiplomatie versicht den Ausseministère aktiv zur Dynamik an zur Diversifizéierung vum Standuert Lëtzebuerg bäizedroen, mat enger Koordinatioun am Kader vum *Trade and Investment Board* (TIB) an dem *Trade and Investment Steering Committee* (TISC). Mir schaffen dru fir weider Investissementer an Talenter unzezéien. Ech verweisen hei och op d'Strategie fir d'Wirtschaftspromotioun, déi d'Regierung am Februar 2017 ugeholl huet.

178. Eist diplomatescht Netzwierk, dat heescht eis 29 Ambassaden, 5 Stänneg Vertriedungen, 3 Generalkonsulater, 9 Handels- an Investitiounsbüroen ënnert dem Wirtschaftsministère, an eng ronn 170 Honorarkonsulater uechter d'Welt

begleeden eis Entreprisen an hiren Demarchen an hëllefen hinne fir nei Marchéen ze erschléissen.

179. Dës modern an dynamesch Form vun Diplomatie ass och aktiv am Beräich vum internationale Loftverkéier. Véier bilateral Loftverkéiersofkomme sinn 2018 ënnerschriwwe ginn: mam Burkina Faso, mat Uruguay, mam Sri Lanka a mat Brasilien. Ech hunn d'lescht Woch e Protokoll fir services aériens am Usbekistan ënnerschriwwen. Dës Ofkomme konkretiséieren d'Lëtzebuerger Strategie am Beräich Lofttransport, mam Zil fir d'Perspektive vum Secteur ze garantéieren an d'Zukunft vum Findel als international Plattform fir Passagéier a Frachtverkéier auszebauen. D'Ënnerschreiwe vum Ofkomme mat Brasilien ass iwwregens e besonnescht staarkt Zeeche fir d'Entwécklung vun eise bilaterale Bezéiunge mat deem Land, virun allem am Kontext vun der Ouverture zu Brasilia vun der éischter Ambassade vu Lëtzebuerg a Südamerika, di mir ufanks 2018 ageweit hunn.

180. D'Connectivitéit tëschent Europa an Asien gëtt ëmmer méi wichteg. Mat onsem diplomatesche Reseau an Asien schaffe mir drun, fir am Sënn vun der Wirtschaftsdiplomatie méi enk Kontakter ze knäppen. Och am Beräich vun der Recherche an der Innovatioun hu mir weider dru geschafft, fir de Standuert Lëtzebuerg ze promouvéieren. Dëst ass wichteg fir ons Entreprisen, déi ëmmer méi no Asien kucken. Besonnesch Länner wéi Japan a China, mee awer och Indien, Südkorea a Südostasië sinn do wichteg Partner.

181. Ech wëll am Kontext vun der Wirtschaftsdiplomatie hei däitlech soen, dass mir d'Aen net zou maache viru méigleche Mënscherechtsverletzungen duerch wirtschaftlech Aktivitéiten, heiheem net, an och net am Ausland! Nohalteg Entwécklung gëtt et nämlech nëmmen am Respekt vun de Mënscherechter. D'Regierung hëlt hir international Obligatiounen an deem Kontext ganz eescht, grad sou wéi d'Entreprisen sech hirer Verantwortung musse bewosst sinn. Den éischten nationalen Aktiounsplang "Entreprisen a Mënscherechter", deen d'Regierung d'lescht Joer am Juni ugeholl huet, zeechent de Kader, an deem mir zesumme mam Privatsecteur, der Zivilgesellschaft an der Recherche op deene

Sujete schaffen. Et ass hei e Beispill dofir, wéi eng intelligent Aussepolitik et fäerdeg bréngt, ekonomesch Interessien a Prinzipien a Wäerter mateneen ze verbannen.

***Mënscherechter***

182. An deene leschte Joren hu mir vill iwwer Mënscherechter a Grondwäerter geschwat; iwwer déi net-verhandelbar Grondsteng vun eiser gesellschaftlecher an internationaler Uerdnung. D'Fräiheet, d'Gläichheet, an d'Dignitéit vun all Mënsch; d'Mënscherechter als eng rechtlech a moralesch Garantie dofir; d'Rechtsstaatlechkeet als dee fundamentale Prinzip vu Gläichheet vu jidderengem virum Gesetz, a vum Schutz vum Eenzelen virun der Tyrannei an dem Arbiträr; d'Demokratie schlussendlech, dat formidabelt Experiment dat et de Bierger erlabe soll, selwer ze bestëmmen iwwer d'Regierungsféierung an d'Verdeele vu Ressourcen.

183. Virun zwou Woche war ech zu Genève virum Mënscherechtsrot, an hunn eng Rei vun eisen themateschen a geographesche Prioritéiten opgezielt. Net alleguer, well et am Moment einfach ze vill Plazen op der Welt gëtt, wou d'Mënscherechter a Fro gestallt an ugegraff ginn; wou déi Fraen a Männer, déi sech dofir asetzen, fir d'Rechter vun deenen aneren ze verdeedegen, intimidéiert, verfollegt, agespaart, gefoltert, oder dout gemaach ginn. Virun net emol dräi Wochen huet Amnesty International e Rapport publizéiert iwwer d'Efforten, fir d'Zivilgesellschaft mat legale Mëttele kal ze stellen, duerch Gesetzer déi d'Finanzéierung, den Etablissement, oder d'Organisatioun vun ONGen aschränken, oder duerch aner Forme vu "legalen" Contrainten. Dat ass keng Rechtsstaatlechkeet, dat ass de Mëssbrauch vum Gesetz fir kritesch Stëmmen ze eliminéieren!

184. Mir befannen eis am Joer 2019 an enger quasi weltwäiter Kris vun de Mënscherechter an der Demokratie, déi duerch eng déif Vertrauenskris an d'Politik verschlëmmert gëtt. Autoritär Tendenze sinn um Virmarsch op alle Kontinenter, an a ville Länner. An awer musse mir am Dialog bleiwen, well d'Diplomatie ebe wëllt dass een och, oder grad, mat Leit schwätze soll mat deenen een sech net eens ass.

185. A ville Konflikter gesi mir haut ëmmer méi dacks eng Form vu Krichsféierung, déi dat internationaalt humanitäert Recht net respektéiert. Dat féiert zu massiven internationale Verbriechen: Krichsverbriechen, Verbrieche géint d'Mënschlechkeet a Genoziden. An deem Kontext ass et ëmsou méi wichteg, d'Cour pénale internationale weider z'ënnerstëtzen. D'lescht Joer hu mir den 20. Anniversaire vum Statut de Rome gefeiert, an ech si frou, dass d'Chamber sech haut och mam Gesetzesprojet befaasst, mat deem Lëtzebuerg d'Weiderentwécklung vun der Definitioun vun de Krichsverbriechen am Statut de Rome guttheescht.

186. An den haitege Konflikter ginn Honnertdausenden a souguer Millioune Mënschen an hirem Land deplacéiert oder mussen an d'Ausland Schutz sichen. Dat si Konflikter, bei deenen eis konventionell diplomatesch Mëttelen net méi ze gräife schéngen; bei deenen de Weltsécherheetsrot blockéiert ass.

187. Dogéint hale mir déi net-negociabel Grondsteng, déi ech virdrun opgezielt hunn. D'Mënscherechter gëlle fir all Mënschen iwwerall; se sinn e komplexe System, deem seng zivil a politesch Dimensioun grad sou wichteg ass wéi seng ekonomesch, sozial, a kulturell Dimensioun, a si kënnen net einfach sou ageschränkt ginn, mee nëmmen ënnert streng gereegelten Ëmstänn. Fir Lëtzebuerg gëllt et méi wéi jee, e Modell vu positiver internationaler Kooperatioun ze fërderen, virun allem well déi grouss Erausfuerderungen, deene mir eis stelle mussen – Klimawandel, sozio-ekonomesch Ongläichheeten, Konflikter, technologesche Fortschrëtt, Migratioun, Pandemien, Globaliséierung – nëmme kënne kollektiv ugepaakt ginn, an éischter Linn duerch en effikasse Multilateralismus, an deem sengem Mëttelpunkt d'Vereenten Natioune stinn.

188. Mam Agenda 2030 an dem Paräisser Klima-Accord hu mir en Usaz vun engem internationalen Accord fir méi Nohaltegkeet an intergenerationell Solidaritéit. Mee mir däerfen net vergiessen, dass et eleng domat net wäert duer goen, dass eng vill méi déifgräifend Aktioun wäert néideg sinn, fir déi zukünfteg Erwiermung vum Klima ënnert 1,5° C ze halen, an deene Generatiounen déi no eis kommen, déi selwecht Chancen ze bidden, déi mir hunn.

***Feministesch Aussepolitik***

189. Am Koalitiounsaccord ass virgesinn, dass Lëtzebuerg eng feministesch Aussepolitik ëmsetzt. Elo stellt sech d'Fro: wat ass eng feministesch Aussepolitik a firwat brauche mir esou eng Politik? Eng feministesch Aussepolitik bedeit fir d'éischt emol, Fraerechter als Mënscherechter unzëerkennen a sech systematesch dofir anzesetzen, dass déi fundamental Rechter vu Fraen a Meedercher garantéiert sinn. Des fundamental Rechter beinhalten esouwuel politesch wéi ekonomesch Rechter, an och d'Recht op sexuell Selbstbestëmmung.

190. Mir hunn eis an der Zäit, wéi Lëtzebuerg 2013 an 2014 Member vum Weltsécherheetsrot war, staark agesat an deem Sënn. Mir hunn eis beméit, net nëmmen d'Violatioune vun de Rechter vun de Fraen a vun de Kanner ze denoncéieren, mee och konkret ze agéieren, fir dass dës Violatiounen ophalen an d'Fraen an d'Kanner och an de Konflikter besser geschützt ginn.

191. Bei enger feministescher Aussepolitik geet et och dorëm, d'Representatioun an d'Participatioun vu Fraen op alle Niveauen ze stäerken – sief dat an der Diplomatie, an der Kooperatioun, an der Defense oder bei Zivil-Missiounen am Ausland. Eng besser Representatioun vu Fraen op allen Niveauen ass kee Selbstzweck, mee e Moyen fir de Fridden, d'Sécherheet an d'Demokratie an der Welt ze stäerken, ewéi et d'Resolutioun 1325 "Femmes et paix et sécurité" vum UNO-Sécherheetsrot virgesäit. Eng feministesch Aussepolitik ass also net nëmmen am Interessi vun de Fraen, mee am Interessi vun der Allgemengheet, an dréit zu eisem Engagement fir eng stabil a sécher Welt bäi.

192. Et ass an där Logik wou d'Regierung am Juli d'lescht Joer en Aktiounsplang fir Fraen a Fridden a Sécherheet ugeholl huet. Den Ausseministère koordinéiert iwwert déi nächst fënnef Joer d'Ëmsetzung vun dësem Plang, an enker Zesummenaarbecht mat deene betraffene Ministèren a Servicer. Nieft dem Matmaache vun de Fraen a Sécherheetsfroen an och a Friddensprozesser, op allen Niveaue vu Responsabilitéit, setzt de Plang och Ziler am Beräich vum Verhënnere vu sexueller a sexistescher Gewalt, am Schutz, an der Hëllef, an am Nees-Gutt-Maachen, souwuel um

nationale Plang wéi an internationale Missiounen, un deene Lëtzebuerger deelhuelen.

193. Bei den Zivil-Missiounen am Ausland encouragéiere mir eng gläichwäerteg Participatioun vun de Fraen. An de leschten zwee Joer huet Lëtzebuerg genau esou vill Fraen ewéi Männer op d'Wahlbeobachtungsmissioune vun der EU geschéckt.

194. D'Ënnerstëtzung vu Fraen a Meedercher ass eng vun den Haaptprioritéite vun der Lëtzebuerger Kooperatioun. Déi nei Strategie, déi d'Kooperatioun Enn 2018 presentéiert huet, hieft dëst och besonnesch ervir. An all den Interventioune vu Lëtzebuerg, sief et déi bilateral, déi multilateral oder déi, di vun ONGen ëmgesat ginn, spillt d'Stäerkung vun der Fra an hier Autonomisatioun eng zentral Roll.

195. An deem Sënn huet d'Lëtzebuerger Kooperatioun zesumme mat eise belschen, hollänneschen a skandinavesche Kollegen och d'Initiative "She Decides" lancéiert. Lëtzebuerg schafft weider ganz konkret mat spezifeschen UNO Agencen zesumme wéi dem FNUAP oder ONU Femmes, fir Projeten am Domän vun der Gesondheet vun de Mammen, oder och am Approvisionnement vu Verhiddungsmëttelen, ze ënnerstëtzen. Och iwwert de Secteur vun der Mikrofinanz, wou Lëtzebuerg zënter laangem eng wichteg Roll spillt, gëtt geziilt op Mikro-Kreditter fir Frae gesat, fir hir sozio-ekonomesch Roll an hire jeeweilege Communautéiten ze stäerken.

196. Mir wëlle kucke wou mir selwer stinn, an net deenen anere Lektiounen erdeelen. An de leschte Joren ass do scho ganz vill geschitt. Ouni eng aktiv Quoten-Politik ëmzesetzen, huet den Ausseministère iwwert di lescht Joren eng 50-50 Quot a sengem Rekrutement virzeweisen. Ganz einfach, well exklusiv no de Kompetenze gekuckt gouf wa mir jonk Leit agestallt hunn. Vun der éischter Fra am diplomatesche Corps am Joer 1979, si mir 2015 op 29 Fraen erop gaangen, a knapps 3 Joer drop, also 2018, op 50 Fraen, vun engem Total vun 143 Leit. Dat si 35% vum Corps, an di Tendenz bleift steigend. Vun 40 Ambassadeure sinn der haut 13 Fraen. Onst Haus ënnerstëtzt de Congé parental an all di aner Mesurë wéi Télétravail, oder Deelzäitaarbecht, fir ons Kollegen, déi sech wëlle méi am Familljeliewen engagéieren. Dat ass eng kulturell Revolutioun, an engem Feld, d'Diplomatie, an

deem Frae laang marginaliséiert waren, an d'Wuert "Ambassadrice" traditionell just d'Fra vum Ambassadeur designéiert huet.

197. Et ass also vill geschitt, mee mir wëllen et net dobäi beloossen. Dës Politik kann nach ausgebaut ginn. Mir wäerten dobäi och kucken, wéi mir eis vun der feministescher Aussepolitik vu Länner wéi Dänemark a Schweden inspiréiere kënnen.

***

Dir Dammen an Dir Hären,

198. Mir brauchen eng Diplomatie, déi eis Interessie verdeedegt, ouni eis Prinzipien, eis Wäerter, an eis Obligatiounen ze afferen. Et ass dofir wichteg, d'Kand beim Numm ze nennen; net ze scheien, de Fanger an d'Wonn ze leeën. Et ass wichteg d'Wourecht ze soen, och wann se engem net gefält, fir zesumme Problemer ze léisen, déi eng international oder global Dimensioun hunn. Mee et geet domat net duer. Et muss een och strategesch a vernetzt denken, Léisungsvirschléi maachen, probéieren ze antizipéieren.

199. Mir brauchen eng Aussepolitik, déi der Komplexitéit an dem Tempo vum Wandel vun der Welt vun haut Rechnung dréit. Déi de Sécherheets-Kontext versteet, Risiken a Menacen erkennt an hinnen entgéintwierkt – zesumme mat eisen internationale Partner. Dofir plaidéiere mir fir d'Stäerke vum internationale Recht, vun den Normen, déi d'Mënschheet virun sech selwer schütze sollen, a fir d'Stäerke vun den Institutiounen, déi mir an deene leschte Joerzéngte mat vill Méi an Asaz opgebaut hunn. Dofir engagéiere mir eis och multilateral: op méi laang Siicht mat eiser Kandidatur fir de Weltsécherheetsrot fir d'Joren 2031-2032; méi kuerzfristeg mat eiser Kandidatur fir an de Mënscherechtsrot gewielt ze gi fir e Mandat vun dräi Joren, vun 2022 bis 2024.

200. Mir stinn an enger richtungsweisender Zäit fir Lëtzebuerg, fir Europa a fir d'Welt. Et ass un eis, an dëser net einfacher Konstellatioun, di richteg Decisiounen ze

huelen, fir dass déi, déi no eis kommen, e Lëtzebuerg, en Europa an eng Welt hunn, an deenen si sech fräi entfale kënnen, a Fridden a Sécherheet, Wuelstand, sozial Gerechtegkeet, an dat an enger gesonder Ëmwelt. Fir dat hinzekréien, ass d'Participatioun vun de Bierger essentiell. Participatioun bei de Wahlen, elo fir d'Europaparlament; an net nëmme bei de Wahlen, mee am Allgemengen.

201. Ech wëll ofschléissend Iech, den Deputéierten, an och de ville Leit an eiser Gesellschaft Merci soen, déi sech fir d'Interessien an d'Wäerter vu Lëtzebuerg a vun Europa all Dag asetzen.

202. Dëst war wuel ni esou wichteg wéi haut, well ouni Wäerter oder mat falsche Wäerter gëtt all Demokratie ausgehielegt.

Ech soen Iech Merci.